# Gemengerot Esch

## Rapport analytique N°8 / 2013



*Au Marché de Noël, l'ambiance est à la fête*

ESCH

www.esch.lu

**Séance du Conseil communal du vendredi 15 novembre 2013**

**myenergy infopoint**

# Esch-Schifflange

Esch-sur-Alzette
Schifflange



## Réfrigérateur - le conseil de myenergy

- Placez le réfrigérateur loin des sources de chaleur!
- Dégivrez régulièrement le compartiment congélation!
- Optez pour une température optimale d'environ 5 °C!

Le remplacement de votre ancien frigo âgé de 10 ans ou plus par un nouvel appareil de classe A+++ se rentabilise tant de manière financière qu'énergétique.

Fixez un rendez-vous de conseil de base gratuit dans votre myenergy infopoint!

Hotline **8002 11 90**

www.myenergy.lu

ESCH Administration Communale de Schifflange PROJET COFINANCE PAR L'UNION EUROPEENNE

myenergy Luxembourg

myenergy infopoint

**myenergy infopoint**

# Esch-Schifflange

Esch-sur-Alzette
Schifflange



## Kühlschrank - Ihr myenergy Tipp

- Stellen Sie den Kühlschrank möglichst weit von Wärmequellen entfernt auf!
- Enteisen Sie regelmäßig das Tiefkühlfach!
- Die optimale Temperatur beim Kühlschrank beträgt 5°C!

Bei Kühlschränken die 10 Jahre und älter sind, lohnt sich sowohl energetisch als auch finanziell den Austausch durch ein A+++ Neugerät.

Vereinbaren Sie einen kostenlosen Grundberatungstermin in Ihrem myenergy infopoint!

Hotline **8002 11 90**

www.myenergy.lu

ESCH Administration Communale de Schifflange PROJET COFINANCE PAR L'UNION EUROPEENNE

myenergy Luxembourg

myenergy infopoint

**Sëtzung vum Escher Gemengerot Freideg, de 15. November 2013**

**Conseillers présents:**

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

**Conseillers absents:**
M. Daniel Codello – M. Pierre-Marc Knaff

## *Ordre du jour*


Page

**Réunion à huis clos**

**1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision**

**Réunion publique**

**2. Information au public des décisions de personnel** 4
**3. Correspondance** 4
**4. Enseignement: Organisation scolaire définitive; décision** 5
**5. Conservatoire: Organisation scolaire définitive; décision** 5
**6. Urbanisme: Classement comme monument national du monument et du square Emile Mayrisch; avis** 6
**7. Conventions:** 7
**a) Convention avec l'ACC Contern conc. l'organisation du Gala Tour de France; décision**
**b) Convention avec l'Escrime Sud; décision**
**c) Convention avec la Société Eschoise pour la Protection des Animaux Asbl; décision**
**8. Questions de personnel; décision** 12
**9. Office social:** 12
**a) Candidatures pour les 4 postes vacants au sein du Conseil d'Administration; décision**
**b) Budget de l'Office social; décision**
**c) Avenant du barème de l'Office social; décision**
**10. SIGI: demande d'adhésion des communes de Diekirch et Mertzig; décision** 13
**11. Autorisation d'ester en justice; décision** 14
**12. Transactions immobilières: décision** 14
**13. Impôt foncier: fixation des tarifs pour l'année 2014; décision** 14
**14. Recours à un emprunt sur l'exercice 2013; décision** 15
**15. Modifications budgétaires; décision** 17
**16. Crédit spécial et devis supplémentaires; décision** 17
**17. Relevé et rôle supplétif; décision** 18
**18. Subsides extraordinaires; décision** 18
**19. Commissions consultatives: modifications; décision** 19
**20. Contrats de bail; décision** 20
**21. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision** 20
**Résumé en français** 20

## 2. Information au public des décisions de personnel

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**
„Sou, da kéinte mer mat der ëffentlecher Sëtzung ufänken. D'Informatiounen iwwert déi Punkte vum Personal déi mer am Huis clos geholl hunn, déi kritt Dir natierlech am Laf vun der Sëtzung matgedeelt."
A) Démissions.
1) Démission honorable à accorder avec effet au 1er mars 2014 à Madame Liliane Gantrel, employée communale auprès des structures socio-éducatives de la Ville.
2) Démission honorable à accorder avec effet au 1er mars 2014 à Madame Danuta Stachlinski ép. Krawczyk, employée communale au département des travaux municipaux.
B) Résiliation d'un contrat d'engagement.
Résiliation avec effet au 1er novembre 2013 du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Amanda Ruscitti ép. De Bernardi, éducatrice diplômée auprès des structures socio-éducatives de la Ville.
C) Promotion.
Carrière de l'attaché administratif.
Promotion avec effet au 1er mars 2014 de Madame Claudia De Almeida, préposée du service structure et organisation, aux fonctions de conseiller (grade 15).

## 3. Correspondance

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**
„De Schäfferot wollt elo ënnert dem Punkt „Korrespondenz", iert mer bei d'Punkten „Enseignement" a „Conservatoire" kommen, nach eng Prise de position maachen iwwert déi rezent Virfäll ronderëm déi brennend Autoen. Bon, op Grond vun ebe genee deem Virfall dee mer hei zu Esch hate virun e puer Wochen, wou héchstwahrscheinlech e Brandstëfter, deen eventuell souguer net fir d'éischt aktiv war, eng Rei vun Autoen op engem ganz zentrale Parking a Brand gesat huet, géinge mer gären als Schäfferot eng Deklaratioun maachen.
Als éischt mol ass et eis ganz wichteg fir drop hinzeweisen, dass mer et hei net mat engem generelle Phenomen vun enger sech ausbreedender Kriminalitéit ze dinn hunn, mä dass et ëm e puer Persoune mat krimineller Energie geet, déi duerch hir Aktiounen Esch an e schlecht Liicht stellen an en Angschtgefill bei der Populatioun ervirruffen. Dat fanne mir natierlech net gutt. Deemno gëllt et, dëse kriminelle Leit, wann et der dann e puer sinn, d'Handwierk ze leeën an net ganz Bevëlkerungsgruppen dofir verantwortlech ze maachen. Mat esou enger Approche ass kengem gehollef an d'ëffentlech Sécherheet kann esou net verbessert ginn, ganz am Konträr. Ganz dovunner ofgesinn, dass d'Enquête bei der Escher Section de recherche nach um Lafen ass an et ni gutt ass fir vireileg Schlussfolgerungen ze zéien. D'Informatiounen déi de Schäfferot huet, an déi eigentlech jiddwereen och iwwert d'Press kritt huet, dat sinn déi, dass à ce stade vun engem Eenzeltäter ausgaange gëtt, an dass Esch net op eemol vun enger Kriminalitéitswell iwwerrannt gëtt. D'Statistiken déi d'Police ausschafft, weise ganz kloer, dass d'Kriminalitéitsquote hei zu Esch net méi héich ass wéi an de Ballungsgebitter am Rescht vum Land. An dat wëll ech ganz däitlech hei ervirsträichen.
Dëse Constat soll eis awer net dovunner ofhalen, déi néideg Schrëtt ze entaméiere fir d'Kriminalitéit esou wäit wéi méiglech ze reduzéieren. Den Escher Schäfferot war an ass a ganz regelméissegem Kontakt mat der Police, och wann en dat net ëmmer un déi grouss Klack hänkt. Dofir schéngt et mer op en Neits ganz wichteg ze si fir ze präziséiere wat de Rôle vun de Gemengeverantwortlechen a wat de Rôle vun den nationalen Autoritéiten a Punkto ëffentlech Sécherheet ass. De Schäfferot, an notamment de Buergermeeschter, hunn hei nëmmen eng sougenannte Compétence d'attribution. Dat heescht si hu just do eng Kompetenz wou de Gesetzgeber dat ganz spezifesch deklaréiert. Als Beispill kann een hei d'Bautepolizei nennen oder den Artikel 58 vum Gemengegesetz erwähnen, deen dem Schäfferot d'Méiglechkeet gëtt bei Emeuten oder ganz grave Menacë vum ëffentleche Fridden d'Force publique ze mobiliséieren. Mä fir alles wat d'Organisatioun vun der Police, d'Strategien an d'Prioritéite vun der Kriminalitéitsbekämpfung ugeet, sinn exklusiv déi national Autoritéiten zoustänneg. E Schäfferot huet kee Pouvoir, fir zousätzlech Polizisten anzesetzen. En huet kee Pouvoir, fir d'Zuel an d'Frequenz vun de Patrouillen ze definéieren an en huet och kee Pouvoir fir eng Enquête ze entaméieren.
Als Gemengeresponsabel kann een zwar Wënsch a Fuerderunge formuléieren, mä d'Décisioune ginn op nationalem Niveau geholl, ouni offiziellen Avis vu lokalen Autoritéiten anzehuelen. Ech mengen, dass dat och an der Praxis ganz schwéier wier, wann et aneschters wier. Den Escher Schäfferot wier natierlech frou, wann d'Escher Police méi Beamten zougewisse kritt, dat ëmsou méi 2013 e schwaacht Joer war wat d'Neiastellunge bei der Police landeswäit ugeet. 2013 si 35 nei Polizisten agestallt ginn a mir wëssen, well mer et schonn e puermol hei gesot kritt hunn, dass am Joer d'Ofgäng bei +/- 35 Poliziste läit. Dat heescht, dat war eng Nullrunde 2013. Net elo spezifesch Esch, mä landeswäit betruecht. Mä ech wëll awer och betounen, an dat si Chifferen déi mir kritt hu vun der Direktioun vun der Police am Süden, d'CIS, also de Centre d'Intervention Sud huet zënter 2007 14 nei Poliziste kritt an d'CP Esch 2 x 2 fir jeeweils den nërdlechen an de südlechen Deel vun Esch. Bon, ech wëll elo net soen, dass dat genial vill ass, mä ech wëll awer och soen, dass do eng Entwécklung do war, an dass déi awer a regelméissegen Etappen och eng Opstockung mat sech bruecht huet. Et wäert trotzdem eng vun de Propose vum Schäfferot sinn, fir am Kader vum Comité local de sécurité eng Verstärkung vun der Escher Equipe unzefroen.
Stéchwuert Comité local de sécurité, fir ebe mat der Police an den nationalen Acteure kënnen diskutéieren ze kënnen, kënnt den 20. November de lokale Comité de prévention zesummen, an deem souwuel d'Police vertrueden ass, wéi och de Parquet vertrueden ass. Um Ordre du jour stinn ënner anerem déi rezent Virfäll, awer net nëmmen, well mer hate souwisou viru Joeresenn e Comité local virgesi mam But fir kënne sachlech iwwer d'Situatioun vun Esch ze diskutéieren a konkret Mesuren ze proposéiere wann et dann eben esou gesi gëtt, fir kriminellen Aktioune verstäerkt entgéint ze wierken.
Zum Ofschloss wëll de Schäfferot ënnersträichen, dass d'Zil vun enger Sécherheetspolitik soll sinn, fir déi Leit déi sech net un d'Gesetzer halen an domat jiddwer Member vun der Populatioun schueden, vu kriminellen Aktiounen ofzehalen a wann esou Aktiounen hinnen trotzdem geléngen, déi kriminell Akte séier opzeklären, fir dass d'Täter virun e Riichter kënne gestallt ginn.
Dat si fir eis d'Basisprinzipie vun engem Rechtsstat an déi sinn eis als Schäfferot immens wichteg. An ech weess, dass se lech heibannen alleguerten immens wichteg sinn an deemno wiere mir eis géint all Zorte general Verdächtegungen a Beschëllegungen. Net eenzel Gruppen aus der Populatioun, egal ob ee se iwwer d'Nationalitéit oder den Alter oder de soziale Backround wëll definéieren, däerfen un de Pranger gestallt ginn. Mä et muss ee gezielt géint déi Leit virgoen déi eis Gesetzer net respektéiere wëllen, egal wou se hierkommen an egal wie se sinn. Wann ee sech nämlech der simplistescher

Verlockung vu Generalverdächtegunge vu Bevëlkerungsgruppen higëtt, da mécht ee sech an eisen Aen der sozialer Brandstëftung schëlleg. An dat kënnen a wëlle mir hei zu Esch net mat maachen an och net toleréieren. Ech soen Iech Merci, dass Dir dës Deklaratioun zur Kenntnis geholl hutt a wann Dir domatter d'accord sidd, da kéinte mer zum normalen Ordre du jour iwwergoen."

## 4. Enseignement: Organisation scolaire définitive; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Mir kéimen da bei de Schoul- a Kulturschäffen, den Här Tonnar, deen eis d'Punkte 4 a 5 „Enseignement" a „Conservatoire" virstellt an zwar ass déi definitiv Schoulorganisatioun déi hien eis an engem éischte Jet am Summer scho virgestallt hat. Esou ass et jo, gell?"

**Schäffe Jean Tonnar (LSAP):** „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Esou ass et ganz genee. Ech wäert net wéi virum Summer op all déi Detailer zréckkommen, dat hei ass en Exercice de style dee mer musse maachen. Et ass elo d'definitiv Schoulorganisatioun fir d'Joer 2013/14 an ech wollt Iech just do e puer definitiv Zuele ginn. Dir wësst, dass ech gesot hunn, dass déi Zuelen enorm änneren, notamment am Laf vum Joer, awer och an der grousser Vakanz an elo haut, de 15. November, hu mer d'Zuelen definitiv virleie wéi vill Kanner a wéi vill Enseignanten 2013/14 zu Esch ageschriwwe sinn.
Wat d'Zuel vun den Elèven ugeet, do hu mer der 3.281. Dat ass déi Zuel vun dësem Joer. E klenge Verglach mam Joer virdrun, do waren et der 3.215. Dir gesitt déi Zuel geet also stänneg relativ stracks an d'Luucht. Mer hunn 234 Kanner am Précoce. Mer hunn der 809 am Cycle 1. Mer hunn der 358 am Cycle 2.1, 428 am Cycle 2.2, 340 am 3.1, 409 am 3.2, 331 am 4.1 an 372 am 4.2. Dat sinn dann déi vum 6. Schouljoer déi d'nächst Joer d'Grondschoul wäerte verloossen.
Do géigeniwwer gestallt hu mer 363 Persounen déi de Corps Enseignant zesummesetzen. Mer hunn 241 Brevetéierter, par rapport zum Joer virdru waren et der 226. Mer hunn der also do 15 déi méi si wéi dat Joer virdrun. Dat si 67,30%. Mer hu 77 Chargéen. Dat sinn der 10 manner wéi dat Joer virdrun. Mer hu 4 Fonctionnaires communaux, 22 Educateuren an 19 Persounen déi sech ëm den Enseignement vun der Relioun këmmeren, dat sinn am ganzen, wéi gesot 363 Persounen, géint 357 wat mer d'lescht Joer haten. Also 6 Persoune méi. Déi Zuel déi ech och all Joer ginn, dat ass d'Kanner déi an d'Relioun ginn an déi an d'Moral ginn. Et si 1.682 Kanner an der Relioun. D'lescht Joer waren et der 1.684. Dat wieren der 2 manner, mä et si jo awer och esou vill Kanner bäikomm. An der Moral sinn der 554 an do waren der d'lescht Joer 510. Esou dass mer am ganzen do net ganz grouss Variatiounen hunn, mä Dir gesitt, dass dat awer ganz liicht evoluéiert.
Dann nach wat d'Gebaier ugeet, do wësst Dir, dass mer eng ganz Partie Amelioratioune bruecht hunn. Mer hunn d'Fassad vun der Dellhéich Schoul fäerdeg. Mer hunn d'rue de l'Eglise zou gemaach. Mir hunn an der Lëtzebuerger Strooss hei e ganz flotte Modul opgemaach wou all Cyclen 1.0, 1.1 an 1.2 vun der Grand-rue sinn. Do sinn 8 Klassen, déi ganz frou do sinn. Mer waren déi besiche mat der Madame Buergermeeschter an déi sëtze ganz, ganz flott do. Dat ass zwar mat 3 Woche Verspéidung opgaangen, den 8. Oktober, mä mer wollten op kee Fall, dass déi an engem Chantier sëtzen a mer hate jo och nach Plaz an do hunn déi den 8. Oktober do ugefaangen a mer hunn am Macon hu mer deen ale Modul ofgerappt a mer hunn en neie Modul dohinner gesat wou 10 Klasse sinn an deen ass ganz pénktlech fir de 15. September opgaangen.
Fir de Rescht fannt Dir déi dausenden Donnéeë mat allen Nimm, dat ass den definitive Scolaria. Wann do nach ee Froen driwwer huet, Dir hutt all d'Nimm vun den Enseignante vun all Klass. Dir hutt d'Zuel vun de Klassen. Dir hutt d'Zuel vun de Kanner. Déi enorm Aarbecht gesitt Dir wat dat do duerstellt an ech wollt hei nach eng Kéier profitéiere fir dem Service de l'Enseignement a fir der Schoulkommissioun e ganz, ganz grousse Merci ze soen, well ouni si wier déi Aarbecht hei net méiglech. An als Ofschloss wënschen ech dann den Enseignanten an och de Kanner ganz vill Chance fir dat Joer 2013/14. An ech géif Iech bieden déi definitiv Schoulorganisatioun ze stëmmen."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Här Tonnar. Au vote."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal approuve par 15 voix oui et 2 abstentions l'organisation scolaire définitive.*
*Ont voté oui, Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Hinterscheid, Huss, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Bernard, Bofferding, Goetz, Hansen, Hildgen, Kox, Maroldt, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Les conseillers Baum et Johanns se sont abstenus.*

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Sou, da kéime mer bei de Conservatoire."

**Schäffe Jean Tonnar (LSAP):** „Jo, iwwert de Conservatoire hate mer..."

**Marc Baum (Déi Lénk):** „Kann ech meng Enthalung kuerz mat engem Saz begrënnen?"

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „A jo, selbstverständlech, dat ass d'Recht vun all Conseiller."

**Marc Baum (Déi Lénk):** „Ma mir hunn eis enthale well dat hei ass jo d'Fortféierung vun der Presentatioun vun der Schoulorganisatioun déi mer schonn am Juni gemaach kritt hunn a mir hunn dozou e puer prinzipiell Remarquen a Kritike gemaach. An dat hei ass jo d'Ausféierungsdokument dovunner a konsequenterweis hu mer eis dann och elo hei enthalen."

## 5. Conservatoire: Organisation scolaire définitive; décisison

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Här Baum. Da géinge mer weiderfuere mam Här Tonnar."

**Schäffe Jean Tonnar (LSAP):** „Jo, do hate mer jo och schonn am Fréijoer iwwer d'provisoresch Schoulorganisatioun an Travail organique vum Conservatoire geschwat. Mir hunn elo och dann déi definitiv Zifferen, déi déi eis interesséieren. Ech schwätzen ëmmer vun där Zuel vun 1.000, dass dat ëmmer dee Punkt ass, wou de Conservatoire a mir als Verantwortlecher frou si wa mer déi erreechen. An an dësen Zäite wou et och net einfach ass fir d'Kanner onbedéngt nach en Instrument ze maachen oder Musek oder Solfège, si mer ganz stolz awer, dass mer déi Zuel ëmmer behalen. An Dir gesitt, an deem flotten Tableau

wéi mer en hunn, dass fir 2013/14 1.007 Elèven am Conservatoire ageschriwwe sinn a mir gesinn och, dass d'Meedercher nach ëmmer vill méi fläisseg Musek maachen a Solfège maache wéi d'Jongen. Et ass 629 géint 378.
Dann déi flott Zuel déi och net ganz vill ännert, dass mer Escher Kanner 30% sinn, an aus net Escher Gemengen, mä aus dem Lëtzebuerger Land 54,6%, a finalement och nach 15,7% auslännesch Elèven. Dat weist op jidde Fall op de regionalen a souguer transfrontaliere Charakter vun eisem Conservatoire an dat ass e Conservatoire deen eng ganz déck an eng ganz gutt Renommée huet a wou mer frou sinn, wou och d'Präisser all déi Joeren net geännert hunn. Den Droit d'inscription 150 € an dat ass e Präis mat deem een natierlech och deementsprechend net eng déck Recette huet. Ongeféier 130.000 €. Wann een awer weess wat de ganze Fonctionnement vum Conservatoire kascht, da weess een, dass do d'Escher Gemeng e ganz, ganz décke Batz mat bäileet, quitt dass mer en Deel vum Ministère bezuelt kréien. Mä do läit nach e ganz, ganz décke Montant à charge vun der Escher Gemeng. Awer Suen déi mer fannen, déi gutt ugeluecht sinn a fir déi wou mer net zécken och an Zukunft wäerte Suen auszeginn.
Den Total vun de Coursen ass 2.388 an och hei fannt Dir elo all déi Donnéeë mat den Enseignanten, wat se enseignéieren, wéi vill Elève se hunn a wann nach eng Fro ass, versichen ech déi ze beäntwerten. Wann net, da géif ech och hei der Direktioun an dem ganze Personal mat den Enseignanten e grousse Merci soe fir hiert Engagement an ech géif Iech bieden déi definitiv Schoulorganisatioun ze stëmmen."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**
„Au vote."

*Conseillers présents:*
***M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally***
***Le Conseil Communal approuve à l'unanimité l'organisation scolaire définitive du Conservatoire.***

## 6. Urbanisme: Classement comme monument national du monument et du square Emile Mayrisch; avis

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**
„Sou, mir kéimen dann zum Punkt 6, dat ass en urbanistesche Punkt, an do geet et ëm d'Klasséiere vum Square Emile Mayrisch als Monument national. De Square Emile Mayrisch, dat ass natierlech wierklech eng historesch Plaz fir d'Stad Esch. E gouf 1929 inauguréiert an en ass verknäppt mat der Geschicht vum Här Stübben, deen e ganz wichtegen Architekt fir d'Stad Esch war an deen hat schonn 1925 proposéiert fir dohinner e Projet ze installéieren, nieft d'Dellhéich Schoul, well hie fonnt huet, dass et wichteg wier, fir grad op där strategescher Plaz e schéine Square ze maachen. An dat sollt dann och en Îlot de verdure ginn an dofir goufen d'Architekten Auguste a Gustave Perret ugeheiert fir dat Monument do ze zeechnen an ze plangen. Zum Auguste Perret kann ee vläicht soen, dass deen eng ganz grouss Notoriétéit huet an eisem Nopeschland. Ech wëll Iech als Beispill just soen, dass et hie war deen d'Konstruktioun geréiert huet vum Théâtre des Champs-Elysées. An dat war och e Projet dee ganz skandalbehafft war, wat jo och ëmmer zur Notorietéit vun engem Architekt ka bäidroen. Mä op alle Fall ass vun do un de Beton armé an de Rang vun de méi nobele Materialien gehuewe ginn, well dat praktesch déi éischte Kéier war, dass deen agesat gouf. Dat heescht, dat war schonn e ganz renomméierten Architekt.
Zum Emile Mayrisch brauch ech Iech am Fong elo näischt ze soen, well dat eng Persoun ass déi verknäppt ass mat der Geschicht vun der Stad Esch. Den Emile Mayrisch gouf den 10. November 1862 gebuer an hien hat eng grouss Bedeitung am Zesummenhang mat der Stolgeschicht hei zu Esch. Hien huet wierklech Stolgeschicht mat geschriwwen. Hie war bestued mat der Madame Aline de Saint Hubert an hien ass eben einfach ee vun den Haaptfondateure vun der Arbed an nom dem éischte Weltkrich ass hien och de President ginn.
Zum Monument selwer, fir nach eng Kéier kuerz dropper zréck ze kommen, dat ass natierlech an der Grondidee vun de Konzeptioune vu Monuments commémoratifs, dat ass schonn d'Grondidee. Mä e sollt awer mat där doter Realisatioun eng Zort Raffinement kenneléieren dee bis dohinner hei zu Esch, an där doter Form op alle Fall nach net üblech war, an ech géing soen et kéint een och haut nach ëmmer dovunner schwätzen, dass dat e Square ass, respektiv e Monument, deen awer fir d'Stad Esch ganz wichteg ass.
Ageweit gouf de Monument, respektiv de Square de 15. August 1933. Deemools war de Victor Wilhelm Buergermeeschter hei zu Esch an de President vun Arbed war och dobäi. Dat war de Gaston Barbanson an d'Madame Aline Mayrisch an och dem Statsminister Joseph Bech. Dat war also schonn eppes ganz Bedeitendes an hien huet och haut nach e grousse Stellewäert fir d'Stad Esch.
Et kann een awer och nach soen, dass mer net elo just op de Ministère gewaart hu fir aktiv ze ginn, well viru kuerzem war d'Monument souwisou schonn an d'Rei gesat ginn, well et jo och schonn e puer Joeren um Bockel huet. An d'Tatsaach, dass et elo e Monument national gëtt, heescht am Fong, dass sech déi lokal Autoritéite fir alles wat se do wëlles hunn ze maachen, mussen ofstëmme mat den nationalen Autoritéiten, mat Sites et Monuments, an dass schonn eng Grondidee do ass, dass dee Square eng Kéier laut senger ursprénglecher Konzeptioun erëm mat Plantatioune soll ugeluecht ginn. Mä déi Reflexiounen hunn am Fong nach net ugefaangen, well e gëtt am Moment jo och als Spillplaz benotzt an esou schnell si mir hei zu Esch net bereet eng Spillplaz ze sacrifiéiere wa mer net eng propper Alternativ fannen. Mä op alle Fall dee Square dee gëtt elo Monument national an dat ass natierlech och e Grond fir stolz drop ze sinn, a fir et hei nach eng Kéier ervirzesträichen.
Mir brauchen natierlech fir dat kënnen ze maachen a fir dee Klassement do operationell ze maachen, brauche mer en Avis vum Gemengerot op do déi national Autoritéiten déi natierlech Récksprooch geholl hu mat deene lokalen Autoritéiten, ob déi net nieft der Plaque sinn a wann Dir eis do da wéilt Ären Aval dozou ginn.
Au vote."

*Conseillers présents:*
***M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally***

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le classement comme monument national du monument et du square Emile Mayrisch.*

## 7. Conventions:
## a) Convention avec l'ACC Contern conc. l'organisation du Gala Tour de France; décision
## b) Convention avec l'Escrime Sud; décision
## c) Convention avec la Société Eschoise pour la Protection des Animaux asbl; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Sou, mir hunn da beim Punkt 7 dräi Konventiounen ofzestëmmen. Bei zwou Konventiounen handelt et sech ëm Konventioune mat Sportveräiner a bei enger Konventioun geet et ëm d'Protection des animaux, esou dass ech dann eise jeweilege Ressortschäffen an deem Zesummenhang géing d'Wuert ginn an et geet lass mam Sportschäffen."

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** „Merci, Madame Buergermeeschter. Mir hunn eigentlech zwou Konventiounen. Déi eng ass déi mat dem Escrime Sud fir en internationale Fechtturnéier hei zu Esch ze organiséieren. Deen ass elo schonn an zwou Editiounen an der Sportshal organiséiert ginn a si wëllen deen awer elo systematesch hei organiséieren a mir hunn hinnen eigentlech d'Propositioun gemaach fir deem dann och déi Perenitéit ze ginn dann eng Konventioun mat der Gemeng ze maachen, fir dass dat an eise fixen Organisatiounsprogramm vun der Sportshal kënnt, well d'Fechten ass eppes wat plazopwenneg ass. Dir gesitt, dass et net ganz vill ass wat eis dat elo direkt u Käschte kascht, mä et besteet méi doran dass si déi zwou Sportshale kréie fir dat dann ze maachen a mir domat am Fong och ausdrécken, dass de Cercle Escrime Sud en Escher Veräin ass an domat och d'Ënnerstëtzung vun der Escher Gemeng huet.

Déi zweet ass d'Konventioun mam ACC Contern fir d'Organisatioun vum Gala Tour de France, dee jo dëst Joer e Succès war. Dee Succès ass allerdéngs nach ausbaubar. Mer haten dat relativ kuerzfristeg missten décidéieren an organiséieren. Et war awer eng ganz flott Manifestatioun um Site Belval. Mir hunn dat d'lescht Joer, a mer wäerten dat och dëst Joer oder d'nächst Joer, dëst Joer, ech denken als Sportschäffen an der leschter Saison an an der neier Saison, déi al Saison ass no der Summervakanz eriwwer an dann ass et déi nei Saison, mä am Kalennerjoer ass et dëst Joer gewiescht an dat hei ass elo d'Konventioun fir d'nächst Joer fir dee Gala Tour de France nach eng Kéier hei zu Esch ze organiséieren. D'Organisateure ware ganz zefridden. Se waren net grad un de But erukomm dee si sech ginn hate wat d'Spectateuren ugeet, mä ech sinn awer iwwerzeegt, dass dat dëst Joer wäert anescht sinn. Eleng duerch den Datum. Den Datum läit och scho fest an ech hunn dann och d'Chance an d'Freed, Iech deen haut matdeelen ze kënnen. Et ass den 3. August 2014. Dat ass e ganz interessanten Datum. En ass méi interessant wéi dëst Joer, well en ass...

(Zwëscheruff)

Dat kënnt dann nach dobäi an da musst Du och kucken dass Du dann och op der Tribün stees fir do ze sinn, et ass Lydia'en Dag, dat wousst ech net, mä dat wësse mer dann elo alleguer. Ech weess mol net wéini mäin eegenen Namensdag ass an deen ännert och anscheinend vu Kalenner zu Kalenner.

Den 3. August huet de Virdeel, dass et eng Woch, eng Woch no der der Arrivée vum Tour de France ass. Den Tour de France kënnt dëst Joer méi spéit u well en a Konkurrenz mat der Weltmeeschterschaft ass an den Tour de France wëll net a Konkurrenz mat engem anere sportlechen Evenement sinn. En ass 3 Wochen no der Final vun der Fussballweltmeeschterschaft. En ass dee Moment wou d'Flèche Wallone och scho fäerdeg ass, wat dëst Joer e bësse Problemer war fir top Cyclisten ze kréien. An en ass och, wat eisen Escher Sportkalenner ugeet, eng Woch nom Luxemburg Beach Open, also en ass Sonndes. Mir hu verkéierstechnesch manner Problemer domat an et gëtt e weideren Event an Esch och während dem Summer, fir dass Esch och während dem Summer viru lieft. Dofir, d'Finanzkonditioune sinn déiselwecht wéi fir dëst Joer. 12.500 € an d'Gemeng Suessem bréngt dat selwecht bäi, well och den Tracé dëst Joer oder d'nächst Joer dann iwwert déi zwou Gemenge geet. Dëst Joer war jo quasi reng den Tracé um Territoire vun Esch."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Den Här Baum. Den Här Johanns, pardon."

**Théid Johanns (Déi Lénk):** „Merci, Madame Buergermeeschter. Och Merci, Här Hinterscheid. Ech hunn eng Kritik zur Konventioun fir den Escrime Sud. Deen Tournoi vun Escrime Sud huet an der Tëschenzäit eng grouss international Renommee. D'lescht Joer ware 35 Veräiner mat 230 Sportler vertrueden. Um Tournoi hu Fechter aus 8 Länner Deel geholl. Déi Fechter an hir Betreier koumen aus Lëtzebuerg, Däitschland, Frankräich, Belge, Holland, Éisträich, England a Russland. Duerch déi gutt Organisatioun vum Escrime Sud wäert deen Tournoi ëmmer méi un Importenz dozou gewannen. Wéi et wahrscheinlech gewosst ass, muss deen Escher Veräin op de Lampertsbierg an d'Stad trainéiere goe well zu Esch keng Plaz fir si do ass.

Fir deen nächsten internationalen Tournoi iwwer 2 Deeg ass och d'Méiglechkeet fir dat hei zu Esch ze maachen éischter schwéier ze erméiglechen. D'Lallenger Sportshal ass nämlech permanent duerch aner Sportaktivitéite besat. Am Lycée Technique ass bis elo och keng definitiv Zouso fir deen Turnsall ze kréien. Do muss vläicht eng extern Plaz gesicht gi fir deen Tournoi ofzehalen. Wann ee bedenkt, dass trotz massiver Fräiwëllegenaarbecht et total komplex ass esou en Tournoi hei zu Esch ze organiséieren, stellt sech d'Fro op d'Veräiner mat Randsportaarten hei zu Esch net einfach ze vill ignoréiert ginn. Natierlech sinn dat keng mediewierksam Evenementer. Mä do sinn Escher Sportler dobäi déi op internationalem Niveau mathale kënnen a fir esou Talenter eng Méiglechkeet ze gi fir op héchstem europäeschem Level matzehalen, gëtt deen Tournoi organiséiert. An do si mer beim Subsid vun 1.000 €. Déi sinn haaptsächlech gedeucht fir d'Pisten ze lounen a menge leschten Informatiounen no, sinn do d'Locatiounspräisser an d'Luucht gaangen. Wann een awer ausrechent wéi wéineg déi Zomm bei engem Tournoi vun där Envergure ausmécht, kann ee sech jo virstelle wat ee muss struewele fir déi Organisatioun nieft dem Techneschen och finanziell iwwert d'Ronnen ze kréien. A fir 1.000 € stelle mer dann och nach Obligatiounen un de Veräin. Et steet an der Konventioun. De Logo vun Esch mam Wuert „Patronage" muss omnipräsent sinn. Och musse wéinstens een aus dem Schäfferot an der Broschür eppes däerfe schreiwen an eege Reklamm maachen. Eng suffisant Quantitéit vu gratis Entréestickete muss zur Verfügung stoen an natierlech musse VIP's och extra invitéiert ginn.

Wéinstens d'Sécherheet datt deen Tournoi zu Esch selwer kann organiséiert ginn, misst eng normal Saach sinn. An dat kéint vu Gemengesäit konkret geregelt ginn. An dann nach eng Kéier zum Subsid vun 1.000 € fir deen Tournoi. Dat Ganzt kléngt nach méi lächerlech wann ee bedenkt, datt mer beim Punkt 18 vun der Dagesuerdnung mat 5.000 € eng elitär Party an Esch sponsore sollen. Merci."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Här Johanns. Den Här Zwally."

**André Zwally (CSV):** „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech menge wat d'Konventioun ubelaangt, hate mer och d'Diskussioun an der Finanzkommissioun a mir ënnerstëtzen natierlech och dat heite wat eis haut presentéiert ginn ass. Kann novollzéie wat hei den Här Johanns gefuerdert huet. Et ass ëmmer erëm esou, wa mer an d'Diskussioun komme wat eis Infrastrukturen ubelaangt um Niveau vum Sport, et hei limitéiert ass. A mir sinn och der Meenung, dass een hei, an dat ass och déi Fro wou mer wollte stellen, wéi wäit dass mer mat deem Centre si wat den nationale Beachvolley ubelaangt? Do soll jo de Fechtcenter drakommen. An dat ass och d'Fro vun eis un deen zoustännege Schäffen, wéi wäit dass dee Projet ass.
Deen zweeten Deel ass och dee wat d'Konventioune selwer ubelaangt. Ech menge mir hu jo schonn als CSV hei gefuerdert gehat, datt mer mol eng Kéier e Gesamtrelevé kréie vun all deene Konventiounen déi mer hei stëmmen. Mir stelle fest, dass dat stänneg amgaangen ass an d'Luucht ze goe wat d'Konventiounen ubelaangt a mir wieren och frou als Oppositioun, respektiv och en Deel vun der Majoritéit, fir wierklech e Gesamtrelevé ze kréie wat déi Konventiounen ubelaangt fir dann och de Verglach ze maachen, dass keng onausgewogen oder Ongläichheete géife virkommen. An deem Sënn ass dat wat d'CSV zu dësen zwee Punkten ze soen huet. Merci."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Här Zwally. Den Här Bernard."

**Zénon Bernard (KPL):** „Ganz kuerz, Madame Buergermeeschter. Mir sinn der Meenung, dass déi dräi Konventiounen do eng positiv Saach allgemeng duerstellen. Éischtens ass et eng Subventionéierung a gläichzäiteg och eng Publicitéit fir d'Stad Esch a fir d'Veräiner. Zweetens si mer der Meenung, dass d'Suen ëmmer gutt ugeluecht si wa se an d'Sportveräiner, respektiv an Déiereschutz oder an aner sozial Institutiounen investéiert ginn. Richteg ass, wat den Här Johanns ënnerstrach huet, mir hunn zu Esch, mir wëssen dat alleguer, e Mangel un Infrastrukture fir eise Veräiner kënnen ëmmer entgéint ze komme wat den Deroulement vun esou Evenementer duerstellt a mir hunn natierlech, ech sinn och der Meenung wéi hien, dass vläicht ee sech sollt iwwerleeën, ob mat 1.000 € een engem genuch entgéint kënnt. Ech mengen, mir hunn alleguer mol bestëmmt schonn a Veräiner esou Saachen organiséiert a mer wëssen mat wéi vill Käschten dat verbonnen ass an duerfir mengen ech, soll ee sech awer iwwerleeën ob een net, ouni eng Surenchère do ze maachen, ech mengen elo Dir verstitt wat ech mengen, fir vläicht deem Veräin e bësse méi kräfteg ënnert d'Äerm ze gräife fir d'Organisatioun vun deem Tournoi duerchzezéien. Merci."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Här Bernard. Dann äntwert de Sportschäffen."

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** „Merci. Also ech freeë mech jo am Numm vun allen Escher Sportveräiner fir déi Interventiounen do. Ech wëll awer eppes präziséieren. Eigentlech geet d'Initiativ fir iwwerhaapt eng Konventioun ofzeschléissen op d'Gemeng zréck. Well mer deem Veräin och wollten hëllefen, einfach mol an de Circuit do eranzekommen a well mer wollten iwwert déi Konventioun mol déi Organisatioun do pérenniséieren hei zu Esch. Net fir dat elo niewesächlech, well de Veräin, muss ech zu senger Éier soen, ass e ganz bescheidene Veräin a kënnt bei eis fir Hëllef ze kréien an et kann een elo driwwer diskutéieren ob déi 1.000 € duerginn oder net. Mä eis war et mol wichteg fir dass iwwert déi Konventioun déi Organisatioun do an dee Veräin do, dee wéi den Här Johanns gesot huet, nach ëmmer muss eigentlech an d'Stad trainéiere goen, och e feste Bestanddeel vun der Escher Sportswelt gëtt. Dat hei ass en éischte Schrëtt an ech mengen de Veräin ass eigentlech frou, dass mir déi Initiativ geholl hunn. A wa mer dat do elo regelméisseg organiséieren, kann et sinn, dass do Saache bäikommen.
De Rescht wat Dir gesot hutt, déi generell Remarquen, déi stinn an all Konventioun dran, well mer et och net normal fanne wann heiansdo d'Gemeng méi Sue gëtt, dass dann op eng Kéier dat als Selbstverständlechkeet gëlt a wann iergendee private Sponsor e Brochdeel vun deem Geld gëtt, dass deen op eng Kéier de grousse Mainsponsor ass. A mer däerfen awer net vergiessen, dass bei deene meeschten Organisatiounen déi hei um Territoire stattfannen, deen déckste Sponsor d'Gemeng ass. Eleng duerch zur Verfügung stelle vun den Infrastrukturen, zur Verfügung stelle vun den Trainingsinfrastrukturen. Dat gëtt awer heiansdo vergiess an duerfir wëlle mer dat dann awer och regelméisseg erënneren an ech weess net ob een dat, dass e Préface geschriwwe gëtt vun engem Responsablen, ob dat onbedéngt zu perséinlecher Publicitéit ass. Mä et ass einfach och fir d'Verbonnenheet vun der Führung vun der Gemeng mat deem Sportsevenement a mat deem ze dokumentéieren. Dat dozou.
Zu den Trainingsinfrastrukturen ass ze soen, dass mer elo d'Nouvelle hunn, dass déi nei Regierung dee Fechtcenter mat deem Beachvolleyballcenter dann definitiv erëm an d'5-Joeresplang oder iwwerhaapt am 5-Joeresplang huet. Deen ale Minister huet sech engagéiert vis-à-vis vun eis, dass déi Subventionéierung kënnt. Mä dat bedeit awer dass et iwwert d'Gesetz an de 5-Joeresplang kënnt an dat ass dann elo esou an da wäerte mir dann och en conséquence no de Frais d'études dann och déi nächst Etappen am Budget virgesinn. Dir hutt ganz recht, et ass esou virgesinn, dass do an deene mutuelle Vestiairë fir de Beachvolleyballcenter, fir de Fussballcenter uewendrop an en Huelraum quasi deen do kënnt entstoen, dee Fechtcenter gëtt an dat ass ideal, well dat muss e laange schmuele Schlauch sinn an ech mengen dann ass dee Problem geléist an dann ass dee Veräin och dann erëm zu Esch doheem. Dat dozou ze soen.
D'Remarque vum Här Zwally vun der Gesamtduerstellung vun de Konventiounen war eigentlech kee Problem, mä ech wëll awer eppes soen, dass mer iwwert déi Konventiounen do mol iwwerhaapt Transparenz dra kritt hunn. Well all Konventioun vun engem gréisseren Evenement gëtt jo elo dem Gemengerot virgeluecht. Dat huet zwou Ursaachen. Éischtens ass dat net an iergendenger Kiche gekacht ginn an zweetens gëtt et dem Veräin d'Sécherheet, dass wann dat vum Gemengerot gestëmmt ass, dass déi Prestatiounen, an do schwätzen ech net onbedéngt nëmme vun de Prestatiounen a Geldform, mä och a Prestatiounen a Leeschtungen, Infrastrukturen, dass déi ofgeséchert sinn, dass se net à la merci vun eenzelne Mataarbechter vun der Gemeng sinn, ob se dann elo déi Stellag kréien an ob se déi Echope kréien oder net. Dat läit hei dran an ech mengen dat ass am Kontext vum Sportförderprogramm wou mer gesot hunn, dem Benevolat ënner d'Äerm gräifen, eng wichteg Aktioun fir dem Benevolat kënnen ënner d'Äerm ze gräifen, well déi Leit déi esou Saachen organiséieren als Benevol dann och geséchert sinn, dass wa se dat eng Kéier zougesot kritt hunn, dass et dann zougesot ass, an dass se sech kënnen dorop beruffen an et gëtt nun emol kee méi en héicht Gremium an der Gemeng wéi de Gemengerot an da kënne se sech dorop beruffen an da muss eigentlech och jiddweree sech dorunner halen. Dat

ass eng Form fir de Benevolat ze ënnerstëtzen."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Au vote."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et l'association sans but lucratif sportive «ACC Contern» ainsi que la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et l'association sans but lucratif sportive «Escrime Sud».*

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Da kéime mer zum Déierenasyl."

**Schäffe Jean Huss (Déi Gréng):** „Déi Konventioun déi mer Iech hei proposéiere mam Escher Déierenasyl ass eng Konventioun, déi sech an de Koalitiounsprogramm vun dëser Koalitioun nahtlos einfügt. Mir hu gesot an deem Koalitiounsprogramm, datt fir eis niewent dem Ëmweltschutz natierlech och den Déiereschutz vu kapitaler Bedeitung wier hei an der Escher Politik. Mir hunn dat beispillsweis – ier mer dann hei zum Déierenasyl kommen –ënner Beweis gestallt an deene leschten 1, 2 Joer, zum Beispill mat all deene Saachen, déi mer maachen do uewe beim Déierepark, wou mer amgaange sinn, déi ganz Volièren, dee ganzen Déierepark, déi ganz Gehegen an esou virun am Interêt vun den Déieren, vu besseren Ënnerbréngungsméiglechkeete vun den Déieren, an d'Rei ze setzen, an déi Projete solle jo och nach d'nächst Joer virugoen.
Dat gesot, hei handelt et sech ëm den Escher Déierenasyl, d'Société Eschoise pour la Protection des Animaux (SEPA). Ech wäert also da vum Escher Déierenasyl oder vum SEPA schwätzen, net mat deem ganzen Numm. Wat maache mer hei? Deen Escher Déierenasyl, dee gëtt et jo schonn hannen am Neidierfchen zënter längerer Zäit. En ass bekannt fir Iech alleguerten, wann Dir e scho visitéiere waart. An et ass esou, datt scho virun dëser Koalitioun, ënnert der Responsabilitéit vum Kolleg Henri Hinterscheid, do och schonn d'Escher Gemeng versicht huet, deem private Veräin, well et ass jo e private Veräin, op deem engen an anere Punkt ënnert d'Äerm ze gräifen. Ënner anerem mat Hëllef vum CIGL beispillsweis, mat Aarbechte vum CIGL, an elo si mer dann an eng nei Phas do eragetrueden.
Wat war virdrun, virun dëser Koalitioun, also virun 2 Joer d'Problematik am Déierenasyl? Op där enger Säit hat Dir am Déierenasyl eng Gerance, e Comité, deen e wéineg den Escher Déierenasyl an eng isoléiert Positioun erabruecht hat. Dat heescht, si hate praktesch guer näischt ze di mat der nationaler Déiereschutzliga op där enger Säit. An op där anerer Säit war et do scho virdrun zu Onstëmmegkeete komm, am Comité selwer, bei deene Leit, déi d'Déierenasyil geleet hunn. Do ass et zum Sträit komm, an elo an deene leschten annerhallwem Joer, ass et dann an deem Comité dann och zu Neiwahle komm, esou datt mer elo ze dinn hu mat engem komplett neie Comité vu Leit, net nëmme jonk Leit, mä haaptsächlech jonke Leit, déi sech do op eng idealistesch, op eng benevol Aart a Weis komplett nei doranner wëllen engagéieren. Et ass elo en neie Comité do vun 9 Memberen, déi dat wierklech benevol maachen, déi Villes, ganz Villes vun hirer Fräizäit do afferen am Interêt vun den Déieren. A mir hunn et also elo mat engem neie Comité vum SEPA ze dinn, an no Entrevuen, déi mer mat hinnen haten an och no Visiten op der Plaz selwer, si mer mat hinnen zu engem Accord komm, datt d'Escher Gemeng mat hinnen zesumme versicht wierklech Neel mat Käpp ze maachen am Interêt vun deem Déierenasyl, an Dir wäert gesinn, wann Dir déi Konventioun an den Detailer duerchliest, datt wierklech dann d'Gemeng am Interêt vun den Déieren an a Kollaboratioun mat all deene Benevolen do, mat deem neie Comité do, wierklech elo Neel mat Käpp mécht. Ech mengen dat kann ee wierklech hei soen. An ech kann Iech och direkt soen, datt dat, wat hei an der Konventioun drasteet, op absolut d'Zoustëmmung, an net nëmmen d'Zoustëmmung, souguer och op Begeeschterung bei deem neie Comité vum SEPA gefouert huet.
Wat geschitt elo? Vläicht kuerz eng Schilderung, wat am Fong d'Aufgaben do sinn. Ech mengen et ass jo kee Gemengenterrain. Et si keng Gemengegebaier. Déi Gebaier do gehéieren deem private Veräin do, an den Terrain gréisstendeels och. Mir sinn awer der Meenung, an dat ass natierlech och kloer, op der gesetzlecher Grondlag vum neie Gesetz vun 2008, wou d'Gemengen obligéiert ginn eng Fourrière fir Hënn ze maachen, datt mer déi Aarbecht vun all deene Benevolen, vun deem neie Comité do, wëllen ënnerstëtzen.
Am Moment also sinn 9 Comitésmemberen, déi dat benevol maachen, déi vill vun hirer Fräizäit afferen, och souguer Sonndes, Samschdes a Sonndes. Déi schaffen alleguerten do niewent hirer normaler Aarbecht. Dat ass also wierklech eppes Idealistesches, wat do gemaach gëtt vun deene Leit, wat mir dofir och wëllen an deem Sënn valoriséiere mat där Konventioun.
Am Moment ass et esou, datt do am Déierenasyl Plaz ass fir 9 Hënn, an derniewent ass och nach eng Noutcage do. Wann d'Police en Hond iergendwéi gemellt kritt dee ronderëm streunt an dee se da mussen iergendwéi ophuelen, dann ass eng Noutcage do fir och an der Nuecht deen Hond kënnen do eranzesetzen, a beim Hondsberéng gëtt et natierlech och en Terrain, e klengen Terrain wou d'Hënn kënnen auslafen no baussen. Am Moment sinn all Cage vun den Hënn besat.
Doniewent ass natierlech och d'Problematik vun de Kazen. Där ginn et der nämlech nach méi. Am Moment sinn 30 Kazen an deem Asyl an dee Comité huet d'lescht Joer, am Kader vun deene leschten 12 Méint, déi Ënnerbréngungsméiglechkeete vun de Kaze komplett sanéiert. Déi hunn elo 3 Raim do. Et sinn och Quarantänsraim do fir déi Kazen an ee Chalet fir wëll Kazen, well och där wëll Kaze ginn et hei zu Esch genuch.
Wat sinn d'Aktivitéiten? Wat maachen déi Benevolen do? Ma si huelen d'Kazen an d'Hënn op, déi fonnt oder abandonnéiert gi sinn. Si versichen déi Déieren ze resozialiséieren, se kucken d'Impfungen duerchzeféieren. Déi Déiere mussen en Chip kréien. Et mussen der och kastréiert gi fir d'Populatioun vun den Déieren ënner Kontroll ze halen a si ginn de Leit dobausse Rotschléi. Jiddweree kann an d'Déierenasyl dohinner goen, fir eventuell mat engem Hond spadséieren ze goen an do gi se da beroden, wéi se dat solle maachen, wa se wëlle mat den Hënn do spadséiere goen. Doniewent ass hir Aufgab fir géint Mësshandlung vun Déiere virzegoen, och Opklärung ze leeschten iwwert den Déiereschutz. Den Asyl bitt also och Informatioun fir d'Leit iwwert den Déiereschutz an natierlech, wat ganz wichteg ass, et ass méi e pädagogeschen Aspekt do derbäi am Interêt vun de Kanner, dat heescht et kënne Schoulklassen dohinner kommen, vum Primär oder vun de Spillschoulen oder Maisons Relais. Dat geschitt och. Déi kommen dohinner an da kréie se e wéineg Opklärung iwwert den Déiereschutz niewent dem Kontakt

mat den Déieren, deen déi kleng Kanner dann do och kréien.
Alles wat ech do opzielen, bedeit natierlech vill Asaz. An dee gëtt zu engem groussen Deel benevol gemaach. Mä et kann eben net alles benevol gemaach ginn. Et sinn elo beim SEPA beispillsweis 2 Sekretariatsposte do, hallefdaags, fir den administrative Volet, zum Beispill d'Entréeen an d'Sortië vun deenen Déieren, fir Rendezvouen ze huele bei Veterinären an esou virun. Dat sinn alles Saachen, déi elo do gemaach ginn. Mä wéi gesot, et ass immens vill Benevolat, an d'Leit vum Comité hunn eis an enger Entrevuë gesot, si kéinten dat durablement net maachen, nëmmen an hirer Fräizäit, de ganze Weekend iwwer, all déi Saache selwer ze maachen an duerfir hu se eis gefrot, ob mir si net kéinten ënnerstëtzen.
Déi Ënnerstëtzung, déi mir hinnen offréieren, ass engersäits eng direkt finanziell Ënnerstëtzung op zwee Punkten, an dat anert ass eng Ënnerstëtzung un Aarbechten, déi nach mussen un de Gebailechkeete gemaach ginn.
Wat ass elo déi direkt finanziell Ënnerstëtzung? Mä do hëllefe mer hinne bei der Prise en charge vun de Fraisen, déi dat jo kascht, wann et muss zu Kastratioune kommen oder Vaccinatioune géint Krankheeten, wann do mussen déi Puces électroniques bei den Hënn a bei de Kazen geknippst ginn, an do ass et esou, datt d'Gemeng hinnen elo wäert hëllefe fir d'Differenz ze bezuelen déi et gëtt tëschent de reelle Käschte beim Veterinär, op där enger Säit. An op där anerer Säit de Leit, déi en Hond oder eng Kaz vermëttelt kréien, déi mussen e gewëssene Präis bezuele fir deen Hond oder déi Kaz, an do gëtt et also eng Differenz am Präis tëschent de reelle Käschten an deem, wat d'Leit bezuele fir en Hond kënnen ze iwwerhuelen. An déi Differenz wëlle mer hei als Escher Gemeng iwwerhuelen. Nom ähnleche Modell wéi et och an der Diddelenger Gemeng beispillsweis praktizéiert gëtt. Dat ass deen ee finanzielle Support, dee mer hei dem SEPA ginn.
Dat zweet ass eppes, wat mer hinnen offréieren, well mer effektiv verstinn, datt si net alles benevol, reng benevol kënne maachen, datt se wierklech och eng professionell Aarbecht brauchen, dat ass ganz einfach fir hinnen ze soen, wann Dir Leit astellt oder zousätzlech astellt, da si mir bereet als Escher Gemeng bei där Astellung en Deel vun den Astellungskäschten a vun de Fraisen do vun där Astellung ze iwwerhuelen. Awer net ganz. Mä bis zu enger Hauteur maximal vun 2.500 € Brutto pro Mount. Wat awer trotzdem schonn eppes absolut wesentleches ass, e wesentleche Beitrag ass.
An dann ass natierlech nach dee leschte Volet, deen d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng ausmécht, dat sinn d'Gebailechkeeten. Si selwer, de Comité, hu vill vun hire Suen déi se vun Done kréien an esou virun, hu si selwer investéiert, fir d'Raimlechkeeten vun de Kazen, wou d'Kazen ënnerbruecht ginn, fir deen elo dëst Joer an d'Rei ze bréngen. Elo bleiwen nach déi Gebailechkeeten, wou d'Hënn dra sinn, wou et virun allem, net nëmmen, mä virun allem och d'Problematik vun deem Daach ass, deen Iwwerdaach am Hondsdeel, an do kucke mer fir hinnen ze hëllefen, souwuel wat den Daach, mä och Renovatiounsaarbechten un de Gemaier ugeet.
Dat sinn déi dräi wesentlech Saachen déi mer hinne liwweren, wat, mengen ech, awer absolut substantiell ass. An d'Géigeleeschtung ass natierlech, wat si dem Gesetz no da musse maachen, dat si mussen d'Gestioun maachen. Op där anerer Säit iwwerhuele si also déi Aufgab vun der Fourrière, déi soss d'Gemeng misst maachen. Si iwwerwaachen déi ganz Geschichte vun der Gesondheet vun den Déieren, Kastratiounen, Sterilisatiounen, Vaccinatiounen an esou virun, a si hunn d'Aufgab fir d'Bevëlkerung an och Kanner iwwert d'Protektioun vun den Déieren ze sensibiliséieren.
Eng lescht Saach ass, dat an där Konventioun am Artikel 3, datt natierlech an deem Echange, an där Konventioun tëschent engem private Veräin an de Gemengenautoritéiten, virgesinn ass, datt mir wëllen informéiert sinn, datt mer wëllen transparent informéiert sinn, an dofir ass et esou, datt d'Gemeng Esch kann en Observateur designéieren am Conseil d'administration vum SEPA an datt mir ëmmer informéiert ginn iwwer Procès verbal vun hiren Diskussiounen déi si am SEPA féieren.
Déi Konventioun soll ulafen den 1. Januar d'nächst Joer a vu Joer zu Joer gëtt se automatesch erneiert, ausser et wier eng vun deenen zwou Partien, entweder si selwer oder mir, déi géifen op eng Kéier Problemer gesinn, da misst nei diskutéiert ginn. Mä op jidde Fall ass et esou, datt dat heiten eng gutt Léisung ass. Wat ech vun hinnen héieren hunn, war, datt si total zefridde ware mat deem, wat mer hinne proposéiert hunn, an ech géif Iech duerfir proposéieren där Konventioun Är Zoustëmmung ze ginn."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Madame Bofferding."

**Taina Bofferding (LSAP):** „Gutt. Merci dem Här Huss, deen dat äusserst ausféierlech alles duergeluecht huet, duerfir probéieren ech mech da ganz kuerz ze halen. Trotzdem géing ech awer gär e puer Wierder soen. Well ee weess, dass, wéi hei och schonn explizit erkläert ginn ass, vill Efforten hannendru gestach hu fir endlech dës Konventioun op d'Bee gestallt ze kréien. Et ass scho gesot ginn, säit engem Joer ass eng ganz nei, jonk an engagéiert Equipe ronderëm de President, de Fabrice Genot, eng ganz nei Equipe déi do d'Rudder iwwerholl huet. Déi Spaass un der Saach hunn. Déi wierklech eppes wëlle fir d'Déiere maachen. Den Déiereschutz ass menger Meenung no e soziaalt Engagement. Et ass gelieften Ethik an et ass, mengen ech, méi wéi wichteg, dass mir als Escher Gemeng esou eng Struktur hei hunn déi äusserst noutwenneg ass an eng ganz wichteg gesellschaftlech Ariichtung fir eis ass.
Op de Veräin kommen, wéi och scho gesot ginn ass, ganz vill Aufgaben zou. D'Leit déi sech do engagéieren déi gi gebraucht. Si leeschten eng wäertvoll Aarbecht, sief dat elo an der Ënnerbréngung vun den Déieren déi fonnt ginn oder Déieren déi ausgesat gi well ebe kee se méi wëll hunn. Mä och bei der Berodung, wat den Déiereschutz ubelaangt, bei der Berodung vun der Déierenhalung sti si och de Leit zur Säit a stinn och de Leit do zur Verfügung wann ee se brauch. Duerfir drängt sech fir mech d'Fro op, wat mat all deenen Déiere géif geschéie wa mer net esou eng Struktur hei an eiser Gemeng hätten? Ech mengen do wiere vill Déieren hirem Schicksal einfach iwwerlooss. Duerfir, nach eng Kéier, et ass wichteg, dass mer esou eng Opfaangstruktur hunn, dass mer och esou engagéiert Leit hunn déi dat benevol maachen. Déi dat do an hirer Fräizäit maachen niewent hirem Job, dann nach an d'Déierenasyl ginn a sech ëm d'Déiere këmmen. Och dat soll nach eng Kéier ënnerstrach ginn, dass mer och do op all déi vill Hëllefen ugewise sinn an nëmmen duerch dat Engagement, wat déi Leit vu sech aus maachen, aus Iwwerzeegung, nëmmen esou kann et fonctionnéieren. Dofir, nach eng Kéier, ass et wichteg, dass dës Konventioun zustane kënnt an esou wäit ech mat kritt hunn, och de Comité frou ass elo déi Konventioun ze hunn. Fir si ass dat net nëmmen, et ass net nëmme wichteg, dass mer e Kader hu wou mer d'Flichten an d'Verantwortung vun deenen zwee Partner definéieren, mä et ass, mengen ech, och eng Unerkennung fir all déi Leit déi all Dag, dat muss ee soen, all Dag an d'Feierdeeg, d'Weekender do uewe sinn. Do mat den

Déieren zesumme sinn, no hinne kucken. Och fir déi ass dat eng Unerkennung an duerfir vollsten Ënnerstëtzung an et ass gutt wéi gesot, dass déi Konventioun dann endlech zustane kënnt."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Madame Bofferding. Et wier dann un der Madame Hildgen an duerno um Här Goetz."

**Annette Hildgen (CSV):** „Merci, Madame Buergermeeschter. Gläich am Ufank soen ech Iech, datt mir als CSV selbstverständlech déi Konventioun ënnerstëtzen. Mir sinn och frou datt dat zustane komm ass. Et war jo schonn e bësselchen ugedeit ginn d'leschte Kéier bei der Porte ouverte uewen um Galgebierg, datt do eppes um Lafe war. A mir sinn och frou datt et schonn den 1. Januar soll ugoen. Ech sinn iwwerzeegt Dir kritt den Aval, well et ass enorm wichteg wéi elo d'Madame Bofferding gesot huet, datt mir esou eng Infrastruktur hunn, well mir musse se hunn. Dat däerf net vergiess ze ginn, well den 9. Mee 2008 ass e Gesetz erauskomm an do ass gesot ginn, all gréisser Stad, all gréisser Agglomeratioun, ass verflicht nom Gesetz vun 2008 fir eng Opfaangstatioun fir Déieren ze hunn. Dat heescht, wa mir als Escher Gemeng elo deene Leit net géife finanziell ënnert d'Äerm gräifen, da kënnt et sinn, dass an absehbarer Zäit, datt do leider Gottes dat Déierenasyl misst faute de candidats a faute d'argent misst zougemaach ginn an da wiere mir als Escher Gemeng ganz schlecht drun. Well dann hätte mir géint d'Gesetz verstouss an dat geet net.
Apropos Gesetz. Dat Gesetz ass den 9. Mee 2008 an der Chamber gestëmmt ginn a mir als CSV fannen, datt et eventuell un der Zäit wier, a mir ginn dee Wonsch mat an déi nei Regierung, fir dat Gesetz mol erëm eng Kéier ze iwwerschaffen, well deemools war dat déi éischte Kéier wou esou e Gesetz erauskomm ass vun der Protection des animaux. Wann een elo kuckt wat do drasteet bei verschiddene Saachen, ass dat jo komplett iwwerlieft. Huelt dat wann ech gelift mat, proposéiert dat fir ze soen, mir iwwerschaffen dat do nach eng Kéier. Ech soen zum Beispill, hei steet am Artikel 2, „la SEPA prendra en charge et hébergera les chiens saisis en exécution...". Mä mir wëssen alleguerten datt och aner Déieren do sinn. Dat huet elo grad den Här Huss gesot. Ech mengen et sinn enorm vill Kazen do déi opgegraff sinn. Mir hunn och wëll Kazen. Dat heescht wann do nëmme vu „chiens" geschwat gëtt, dat ass automatesch ass dat déi aner Déieren ausgeschloss. Dat soll jo awer net sinn a Gott säi Dank uewe bei eis am Déierenasyl ginn déi aner Zorte vun Déieren net ausgeschloss. Mir däerfen och ni vergiessen, datt all Déier Respekt vun de Mënsche verlaangt. Well en Déier ass keng Saach. Dat gëtt ganz dacks vun de Leit gëtt dat vergiess an do sinn Déieren déi enorm dorënner leiden. De Respekt, dee muss ëmmer nach do sinn.
Respekt awer och fir déi Leit déi do uewe schaffen. Déi Leit sinn do. Dat si jonk Leit. Dat sinn engagéiert Leit a wann ee bedenkt wéi et haut mam Benevolat bestallt ass, do soen ech chapeau, datt et nach där Leit ginn déi och hir Fräizäit, Weekender opoffere fir do uewen ze schaffen. A wa se elo hei duerch d'Escher Gemeng, duerch déi Konventioun déi mir haut stëmmen, eng finanziell Hëllef kréien, dann ass och deene Leit gehollef an et ass hinnen indirekt net nëmme Merci gesot fir hiren Engagement, mä et ass erëm encouragéiert fir weider ze fueren a fir déi schwéier Tâche déi se maachen, well mengt Dir et ass net einfach wann een all Dag mat Déieren zesumme schafft, fir do ëmmer de Courage ze hu fir ze goen, well heiansdo kommen do Déieren eran déi schwéier mësshandelt gi sinn. Déi Déieren déi immens gelidden hunn a si versichen dann déi och um psychologesche Plang, dat däerf een net vergiessen, erëm eng Kéier opzebauen an dat geléngt hinnen zum allergréissten Deel.
Et ass och gesot ginn, d'Escher Gemeng déi ënnerhëlt elo hei laut der Konventioun verschidden Ëmännerungen an Aarbechten déi elo musse gemaach ginn. Et ass vum Daach geschwat gi vun den Hënn. Dat ass wouer, deen ass an engem ganz desolaten Zoustand. Dat kascht. Et kascht och d'Sue fir dat neit Material ze kafen. Et kascht Sue fir dat erëm opzeriichten. Mä et ass den Hënn op jidde Fall gehollef a mir hoffen datt et scho virum Januar géif entaméiert ginn, well de Wanter steet virun der Dier, en ass praktesch schonn do an et ass natierlech net gutt wann déi Déieren elo nach am Knascht, am Dréck an an der Nätzt leien, well dat profitéiert kengem Déier.
De Wee fir dropper ze goen, ass esou wäit wéi et de Gemengewee ass, tiptop. An dann hält dee Wee op an et wier interessant fir ze wësse wat duerno kënnt. Dat si just e puer Meter. Dat ass opgeschottene Buedem. Dat ass e Feldwee. Op dat Gemengenterrain ass, op dat Mittal ass oder zu wiem dat gehéiert? Et wier interessant fir och do mol no deem Wee ze kucken a mir sinn iwwerzeegt, mat e puer Camionen oder mol 2-3 Camion Kissel fir dat e bësselchen ze behiewen, an da kënnten déi Leit déi dropper ginn, och am Benevolat fir mat den Déiere spadséieren ze goen, datt déi net musse Slalom lafe wéi elo wou et permanent reent fir iwwerhaapt dréchene Fouss nach dohinner ze kommen.
Et ass och gesot ginn am Artikel 3, la ville d'Esch aura le droit de désigner un observateur au conseil d'administration de la SEPA, qui sera invité à toutes les réunions. Ass natierlech, wat eng Konventioun ass, ass dat normal. Si mir ganz d'accord. A wann Dir déi Plaz besetzt, géife mer Iech biede fir eventuell och un d'Oppositioun ze denken, well och an der Oppositioun si Leit déi sech engagéiere fir d'Déieren, interesséieren fir d'Déieren a vläicht e bëssen Knowhow kënne matbréngen. Ech soen Iech Merci."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Madame Hildgen. Ech mengen den Här Goetz wollt..."

**Marco Goetz (CSV):** „Nee, et huet sech eriwweregt. D'Madame Hildgen war esou ausféierlech."

**Schäffe Jean Huss (Déi Gréng):** „Vu datt keen anere sech elo zu Wuert gemellt huet, ausser der Madame Bofferding an der Madame Hildgen, also nëmmen Dammen.
(Zwëscheruff vun der Mme Hildgen)
Vum Schäfferot war ech et jo awer ëmmerhin. Dat gesot mengen ech, aus där Tatsaach, datt just zwee Leit sech zu Wuert gemellt hunn an datt déi Beiträg och ganz positiv, insgesamt ganz positiv waren, ginn ech dann dovunner aus, datt mer hei wahrscheinlech wäerten en eestëmmege Vote hei fir déi Konventioun kréien."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Da kommt, mir probéiere mol."

**Schäffe Jean Huss (Déi Gréng):** „Ech wollt just zu engem Detail nach Stellung huelen. D'Madame Hildgen huet gesot datt et eventuell wichteg wier, datt um nationalen Niveau dat Gesetz vun 2008 nei géif iwwerschafft ginn, well et effektiv sech just op d'Hënn bezitt a well et jo awer och déi aner Déieren do gëtt. Also ech muss soen, ech war total iwwerrascht, datt dat Gesetz, wat ënnert der leschter Regierung 2008gemaach ginn ass, datt do just vun den Hënn riets gaangen ass. Ech weess net wéi do d'Diskussioune waren, wien do d'Responsabilitéiten hat iwwert dat Gesetz. Dat weess ech elo net, mä op jidde Fall war ech och total iwwerrascht an ech géif dat natier-

lech, mir als Schäfferot géifen natierlech Äre Wonsch mat op de Wee huele fir déi nei Regierung, datt se sollen a Richtung goe fir dat Gesetz ze kompletéieren. Also ech hunn et souwisou net verstanen, datt et 2008 nëmmen ëm d'Hënn gaangen ass.
Dat anert wat Dir elo gesot hutt, et si jo zwou, dräi Detailfroen, wou ech Iech elo net direkt kann eng Äntwert ginn. Mir wëllen déi Renovatioune maachen. Do muss ech awer mam Architekt schwätze wéi schnell et mat den Aarbechte geet. Deen Deelwee, d'Strooss wou d'Escher Gemeng d'Responsabilitéit huet, deen ass an der Rei, sot Dir. Deen aneren Deel, dat sinn net mir. Dat ass mat grousser Wahrscheinlechkeet Arcelor/Mittal. Ech ginn dovunner aus datt et Arcelor/Mittal ass, an déi Fro vum Observateur am Comité, déi ass nach guer net tranchéiert. Do hu mer nach net driwwer diskutéiert, wien dat soll sinn. Et soll op jidde Fall ee genannt ginn, deen e Frënd vun den Déieren ass.
Dat gesot proposéieren ech Iech där Konventioun Är Zoustëmmung ze ginn."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**
„Merci, au vote."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Marco Goetz – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth*
*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et l'association sans but lucratif «Société eschoise pour la Protection des Animaux asbl».*

## 8. Questions de personnel; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**
„Sou, mir kéimen dann zum Punkt 8. Dat sinn déi Personalfroen déi an der ëffentlecher Sëtzung traitéiert ginn an dat ass dann dës Kéier net den Déiereschäffen, mä de Personalschäffen, deen déi presentéiert."

**Schäffe Jean Huss (Déi Gréng):** „Jo, et geet also drëm, fir en neie Poste vu Salarié an der Carrière vum Artisan ze schafen, mä gläichzäiteg awer 2 Poste vu Salariéen, anciens ouvriers communaux ofzeschafen. Firwat maache mer dat? Mer maachen dat aus deem Grond, well mer eng Struktur, eng Alterspyramid an eisem Service des Espaces verts hunn, wou dat leedend Personal, dat heescht dat Personal, wat d'Equipë leed, déi um Terrain schaffen, praktesch alleguerten an engem Alter ukomm sinn, esou am Alter vun 51, 52, 53 Joer wou se an e puer Joer der Rei no wäerten an d'Pensioun goen. Fir deem virzebeugen, datt et net dozou kënnt datt op eng Kéier net méi genuch Artisanen, also leedend Personal do sinn, déi d'Equipë kënnen uweisen, hu mer geduecht, et wier vill méi wichteg fir amplaz elo 2 vakant Plaze vun Ouvrieren ze besetzen, et wier vill méi wichteg elo eng Plaz, eng nei Plaz an der Carrière vum Artisan do ze schafen, déi wéi gesot dann an den nächsten 1, 2, 3 Joer sech selwer do kann aschaffen an herno leedend Fonctiounen an deem Service do iwwerhuele soll.
Dat zweet ass d'Creatioun vun engem Hallefdaagsposten am Beräich vum Nettoyage, an zwar geet et hei dorëms fir an der rue Léon Jouaux Struktur do den Nettoyage ze iwwerhuelen. Dat geschitt op Demande hi vum Chef vun de Maisons Relais."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**
„Kënne mer déi eenzel Punkte regruppéieren an engem gemeinsame Vote? Jo, dat ass dann esou. Au vote."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les questions de personnel.*

## 9. Office social:
## a) Candidatures pour les 4 postes vacants au sein du Conseil d'Administration; décision
## b) Budget de l'Office social; décision
## c) Avenant du barème de l'Office Social; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**
„Sou, mir kéinten da weiderfuere mam Punkt 9, dat ass den Office social. Do géing ech de Punkt 9.a) presentéieren an d'Madame Spautz mécht de Punkt 9.b) an c).
Beim Punkt 9.a) geet et drëm fir d'Kandidaturen zesummen ze kucken an eng Décisioun ze huelen iwwer 4 vakant Posten am Conseil d'administration. D'Gesetz vum 18. Dezember iwwert d'Aide sociale, dat seet jo dass eng éischte Kéier an den 31. Dezember 2013 déi eenzel Mandater erneiert musse ginn, vun deenen déi en éischte Mandat anhaten. An de Conseil d'Administration dee renouvelléiert sech all 3 Joer duerch d'Halschent vu senge Memberen. Mir hunn do, wéi d'Gesetz et virgesäit, en Appel public gemaach de 5. Oktober 2013. Op Grond vun deem Appel public hu sech 4 Membere gemellt déi elo schonn am Conseil d'administration sinn. Dat heescht, si sinn erëm ré-éligibel an et sinn och 3 Persounen nei déi sech vu bausse gemellt hunn op Grond vun där Ausschreiwung. Dir hutt déi 7 Kandidaturen hei leien. Dir hutt och déi eenzel Demandë vun deene 7 Kandidaten do leie wou se e bëssen hir Motivatioun erklären an ech géing Iech da proposéieren de Vote virzehuelen.
Kréie mir do wäiss Ziedele wou mer déi 4 Nimm eben drop schreiwen? Ok, da kräizt Dir der 4 un."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal procède par vote secret et nomme Monsieur Daniel Codello, Madame Cynthia Wagner, Monsieur Gino Pasqualoni et Madame Antoinette Stocklausen-Schroeder pour les 4 postes vacants au sein du conseil d'Administration de l'Office Social.*

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**
„Sou, déi Gewielte wieren da Codello a Wagner jeeweils 12 Voten. Pasqualoni 9, Stocklausen 8, esou dass dann 2 Memberen déi am Office social sinn, confirméiert sinn. Dat ass den Här Codello an d'Madame Stocklausen. An 2 neier erakommen. Dat ass d'Madame Wagner an den Här Pasqualoni.
Wann dann ee wéilt d'Madame Spautz eraruffe fir d'Punkten 9.b) an c) vum Office social."

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** „Als nächste Punkt steet de Budget vum Office social op der Dagesuerdnung. Dat heescht e Rectifié vum Exercice 2013 deen an de Recetten esou wéi an den Dépensen am Service ordinaire mat 3.066.700 € verbucht ass an am Extraordinaire an de Recetten an an den Dépensë mat 5.000 €. Fir den Exercice 2014 hutt Dir an de Recetten an an den Dépensë vum Service ordinaire 3.503.400 € an am Extraordinaire an de Recetten an an den Dépensë 6.000 €.
Dozou just e puer Bemierkungen. Dir stellt fest, datt fir d'Joer 2014 bal eng hallef Millioun méi Euro, dat heescht 500.000 € méi dra si wéi am Budget vun 2013. Dëst ass drop zréck ze féieren, virun allem op déi Leit déi op den Office social kommen, déi Problemer hunn elo prioritär mat de Loyeren, mat den Dokteschrechnunge wou se net kënne bezuelen a mat Taxerechnungen, Stroum, Gas an esou weider. Dräimol am Joer ass eng Sitzung tëschent dem Office social, der Gemeng an dem Ministère an et ass zesumme beschloss ginn, déi Dépensen, dat heescht déi 500.000 € fir d'nächst Joer méi héich an de Budget dran ze setzen, op Grond vun deene Remarquen déi ech elo gemaach hunn, op Grond vun deenen Ausgaben déi d'Leit hunn an net méi kënne bezuelen. Obwuel den Office social vill an der Präventioun schafft, vill sech do engagéiert mat de Leit probéiert och Pläng opzestellen, dat heescht datt se net an de Surendettement geroden, ass et awer esou, datt eng ganz Rei Leit aus Angscht oder well se net gären op den Office social ginn, si schumme sech, awer relativ spéit eréischt komme wa schonn etleches passéiert ass a wa se déi Gelder net méi kënne bezuelen. Si kréien zwar och am Virfeld schonn e Bréif, wéi zum Beispill vu Sudstroum, Sudgaz. Se ginn informéiert, datt se sollen op den Office social kommen an trotzdem maachen awer eng Rei Leit et net. Dir wësst och, datt et eng Obligatioun ass an dem neie Gesetz vun der Aide sociale, datt natierlech den Office social muss bei den Energiedepensen hëllefen.
An der Finanzkommissioun war eng Diskussioun och iwwert de Budget entstanen an d'Fro war jo och gestallt gi wéi par rapport den Ënnerscheed ass mat den Energiedepensen. Am Joer 2012 waren dat Rechnunge fir 18.630,19 € a bis haut sinn dat der 39.611,91 € déi elo scho bis elo bezuelt gi sinn. Dëst sinn natierlech Chifferen déi héich sinn. E weidere wëll ech Iech nennen: 2012 hat den Office social, déi eenzel Assistantes sociales Kontakter mat de Clienten. Si hu 6.218 Interventioune gemaach um Niveau präventiv, finanziell a kurativ. An och bis op den Datum vun haut, sinn dat der elo scho 7.641. Dat heescht eng Augmentatioun vun 20% vun Interventiounen déi elo schonn um Office social bis elo fir dëst Joer gemaach gi sinn. Och do einfach nëmmen als Erklärung, Esch ass net eng Ausnam. Mir kënnen och eis Sozialsituatioun vergläiche mat enger Gemeng Wolz, mat enger Gemeng Déifferdeng, wou et ähnlech Situatioune ginn an d'Fro ass sech einfach ze stellen, datt och um nationalen Niveau natierlech eppes muss passéieren. An do hoffe mer drop, a mir ginn dat och ëmmer mat op de Wee wa mer Diskussiounen hu mam Ministère de la Famille, datt och eben duerch d'Kris an nach ëmmer duerch d'Kris eng ganz Rei Leit ënnert d'Rieder geroden duerch eng Rei Décisiounen déi geholl gi sinn.
Ech wéilt iwwert dëse Wee awer elo wierklech dovunner profitéieren, well déi Chifferen, Dir wësst wat dat heescht, 7.641 Interventiounen. Dir wësst wou den Office social ass, Dir wësst wéi vill Leit do schaffen, also bei deene stinn d'Schlaangen all Dag an ech wëll iwwert dëse Wee wierklech dovunner profitéieren der Madame Danielle Sassel, awer och der ganzer Equipe vum Office social e riese grousse Merci ze soen, well dat doten ass eng Situatioun déi si och enorm belaascht. Dat ass ganz kloer. Mir hu regelméisseg Gespréicher doriwwer. Dat sinn eenzel Schicksalen déi een net ëmmer kann d'Dier zoumaachen an net méi drun denken an ech weess vun hirem immensen Engagement dee si awer och de Conseil d'administration vum Office social do mat sech brénge fir de Leit ze hëllefen.
Soll ech och direkt zum Barème iwwergoen an da kënne mer déi zwou Saache mateneen diskutéieren, respektiv stëmmen? Dat heescht, et läit Iech och eng Propositioun vir vum Office social déi an hirem Büro gestëmmt ginn ass. De Barème unzepassen oder en Avenant zum Barème vum Office social ze maachen an do komme mer och op eng leideg Affaire. Dat ass déi vun den Zänndokterkäschten, respektiv vun den Zännprothesen, Zahnersatz. Do gesäit d'Prozedur et elo esou vir, datt ier d'Leit eng finanziell Hëllef da fir eng Prise en charge kréien um Office social, fir d'éischt en Devis préalable vun den Zänndoktere soll gemaach ginn, ier den Traitement ufänkt, deen dann natierlech och dem Conseil d'administration vum Office social kritt, fir eben och am Virfeld schonn ze wëssen, wat do u Käschten op den Office social zoukënnt. An deen Devis muss natierlech och obligatoresch vum Contrôle médical vun der Sécurité sociale validéiert sinn, respektiv all Pièecen déi een dozou brauch, datt een déi och scho mat am Office social ofgëtt. Och dat ass eng Folleg vun enger ganzer Rei Décisiounen déi geholl gi sinn an et ka jo och net sinn, datt d'Leit déi net vill Geld hunn, déi net esou gutt gestallt sinn, sech net méi traue bei den Zänndokter ze goen, respektiv Zahnersatz kënnen ze kréie well se et sech net kënne leeschten. Och do bieden ech Iech dann deem Punkt Adaptatioun vum Barème vum Office social, deen dann ab 1. November géif a Kraaft trieden, zouzestëmmen."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Au vote."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – Mme Taina Bofferding – M. Marco Goetz – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le budget rectifié pour l'exercice 2014 de l'Office Social et l'avenant au barème de l'Office Social.*

## 10. SIGI: demande d'adhésion des communes de Diekirch et Mertzig; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Mir kéimen dann zum Punkt 10. Dat ass eng Demande d'adhésion vun de Gemengen Dikrech a Mäerzeg fir an de SIGI ze kommen an dat muss natierlech d'Ronn maache vun den affiliéierte Gemengen déi dozou hiren Aval musse ginn an ech wollt proposéieren, dass mir dat haut am Numm vun der Stad Esch maachen. Au vote."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – Mme Taina Bofferding – M. Marco Goetz – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal décide à l'unanimité de se prononcer pour l'adhésion des communes de Diekirch et de Mertzig au syndicat intercommunal de gestion informatique S.I.G.I..*

## 11. Autorisation d'ester en justice; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Beim Punkt 11 brauche mer Ären Aval fir eng Autorisation d'ester en justice ze kréien. An do geet et ëm eng privat Persoun déi an enger vun eise Sozialwunnenge Locataire ass, war, an déi Persoun huet en cours de route eng ganz substantiell Augmentatioun gehat vun de Revenuë vu sengem Stot an dowéinst ass dann och eng Upassung virgeholl gi vu sengem Loyer. Deen initiale Loyer loung bei 143 € a war natierlech doropshin net méi justifiéiert. Allerdéngs huet déi Persoun sech geweigert fir déi Adaptatiounen ze bezuelen an no ganz ville Rappelen ouni Succès musse mer elo dee Mann op d'Geriicht huelen, well ëmmerhin geet et ëm eng Gesamtzomm vun 12.664 € déi sech accumuléiert huet am Zäitraum tëscht Januar 2011 a Juni 2012. Au vote."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'accorder l'autorisation d'ester en justice.*

## 12. Transactions immobilières; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Mir wieren da scho bei Punkt 12, dat sinn d'Transactions immobilières. Bei deenen éischten 2 Transactions immobilières handelt et sech ëm, eigentlech bei hinnen allen dräi, handelt et sech ëm en Acte de session tëschent der Gemeng a privat Persounen, wou keng Käschten ufale fir d'Gemeng, mä wou mer d'Méiglechkeet kréien, eng Kéier an der Cité Jos Brebsom an 2 mol an der Monnerecher Strooss fir en Terrain dee mer an engem Sënn vun der Utilité publique kënnen notzen an de Patrimoine vun der Stad Esch ze huelen. Dat heescht mir kréie vun deene privat Persounen den Aval iwwert deen Acte de session fir déi Parzell an den Domaine public communal ze integréieren. Déi éischte Kéier, also am Fall vun der Cité Joseph Brebsom geet et ëm 24 Ar. Déi zweete Kéier geet et ëm eng ganz kleng Parzell vu 6 Ca an déi drëtte Kéier och eng kleng Parzell vun 10 ca a wéi gesot dat Ganzt ass ouni dass Fraise fir d'Gemeng ufalen an et ass an enger Gesamtlogik vun der Utilité publique an duerfir kann een dann och deene Persounen déi domatter d'accord waren, Merci soen. Au vote."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal accepte à l'unanimité les transactions immobilières.*

## 13. Impôt foncier: fixation des tarifs pour l'année 2014; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Punkt 13 Impôt foncier, do geet et ëm d'Fixatioun vun den Tariffer fir d'Joer 2014 an do proposéiere mer Iech beim nämlechten Niveau ze bleiwe wéi d'Joer 2013 an do keng Adaptatioune virzehuelen.
Jo, den Här Baum."

**Marc Baum (Déi Lénk):** „Wéi och schonn déi Joere virdru wäerte mir als Lénk dat heiten net matstëmmen, well mer mengen datt mer eng fundamental Reform vum Impôt foncier bräichten, déi natierlech als éischt op nationalem Niveau misst lass goen. Mä ech mengen, datt d'Escher Gemeng do och kéint e Schrëtt maachen, well den Impôt foncier ass déi eenzeg Steier déi d'Gemeng Esch selwer kritt, selwer anzéie kann, a si ass ridicule kleng par rapport zum Gesamtbudget."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Den Här Bernard."

**Zénon Bernard (KPL):** „Madame Buergermeeschter, ech deelen do dem Här Baum seng Meenung net, well ech der Meenung si wann een deen Taux héicht, strooft een dausend an dausende vu Leit déi hiert Liewe laang geschafft hu fir en Haische sech unzëeegnen. An duerfir stëmmen ech dat do, well et bleift wéi et ass. Well ech sinn der Meenung, dass déi meeschte Lëtzebuerger mat de soziale Grausamkeeten déi bis elo op se duerkoumen, genuch gestrooft sinn, duerfir sinn ech d'accord mat deem Taux do an ech stëmmen och dofir."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Bon, de Schäfferot deelt en éischten Deel vun der Ausso vum Här Baum, dat ass deen, dass op nationalem Plang eng Reform vum Impôt foncier soll ugeduecht ginn an och virgeholl ginn.
Déi zweet Remarque déi ze maachen ass, ass dass mir mat eisen Tauxen elo net onbedéngt zu deenen, weder zu deenen allerhéchsten, nach zu deenen allerniddregste vum Land gehéieren. Ech wëll Iech dann och soe wéi mer eis do situéieren. Bei de Propriétés agricoles a forestières do ass deen héchsten Taux am Land zu Mamer an dee läit bei 750%. Eise läit bei 600%. Den héchsten Taux vu Constructions industrielles et commerciales dee läit bei eis bei 900% an zu Mamer bei 1.050%. Bei Constructions à usages mixtes, do leie mir bei 600% an d'Gemeng Réiser huet do deen héchsten Taux mat 1.000%. Da kéime mer zu de Constructions à autres usages, do si mir bei 300% an de Park Housen huet do deen héchsten Taux mat 600%. A bei Maisons unifamiliales maisons de rapport, dat ass jo en Deel vun der Interventioun vum Här Bernard, do leie mir bei 300%. Dat ass och ongeféier d'Moyenne vun deenen anere Gemengen an deen Taux ass am héchsten zu Esch/Sauer mat 450%. Bei den Immeubles non bâtis, do si mir bei 600% an do ass d'Gemeng Réiser deen héchsten Taux mat 1.000%. A bei Terrains à bâtir à des fins d'habitations, do leie mer ongeféier an der Moyenne mat eise 600% an do ass och Réiser déi Gemeng déi deen héchsten Taux huet. Dat vläicht zu Ärer Informatioun. Dat kann een d'Stad Esch e bësse situéieren. Op alle Fall ass eis Propositioun déi fir den Niveau vun den Tauxe fir d'nächst Joer bäizebehalen an dat géinge mer dann och ofstëmmen."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal décide par 14 voix oui contre 2 voix non la fixation des taux communaux à appliquer*

*pour l'année d'imposition 2014 en matière d'impôt foncier.*
*Ont voté oui, Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Huss, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Bernard, Bofferding, Goetz, Hansen, Hildgen, Kox, Maroldt, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Les conseillers Baum et Johanns ont voté non.*

## 14. Recours à un emprunt sur l'exercice 2013; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Mir géingen da weiderfuere mam Punkt 14. Dat ass d'Ophuele vun engem Emprunt. Eng Kéier huet et misste kommen. Et ass elo esouwäit. Elo hu mer et nach laang ausgehalen an Dir kënnt Iech jo erënnere wou mer de Budget gestëmmt hunn, hate mer 20 Mio ageschriwwen als Emprunt. Mir proposéieren Iech elo haut fir net 20 Mio mä 17 Mio ze validéieren. Dat heescht nach net dass mer se alleguerte wäerten zéien, dat ass dat Wuert wat een an deem Zesummenhang brauch. Ech wëll Iech just als Rappel soen, dass mer 2012 15 Mio am Budget ageschriwwen haten an herno 10 Mio dovunner opgeholl hunn. An 2013 proposéiere mer Iech also elo fir den Aval ze gi fir 17 Mio kënnen opzehuelen. Dat heescht mir hunn dann de Go gi fir eise Service fir an Tranchë virzegoen, fir e Maximum vu 17 Mio.
D'Konditioune vun deem Emprunt déi sinn d'nämlech wéi déi vun de viregte Joeren. Dat ass eng Recommandatioun vun eisem Service financier dee mir konnten novollzéien. Den Emprunt ass op 20 Joer opgeholl. En ass, wéi ech grad gesot hunn, ze realiséieren an Tranchen, en Fonctioun vun der Entwécklung vun de Projeten déi och heiansdo zesummenhänke mat den Autorisatiounsprozedure beim Stat. Et ass en Taux variable op base semestrielle. Mir kréien och all Kéiers recommandéiert vum Ministère, dass mer net sollen op de Wee vun engem Taux fixe goen, well dat net vun hinnen als Démarche recommandéiert gëtt. Mir hunn awer deen Exercice dës Kéier eng Kéier an eise Käpp gemaach, well mer awer déi zwou Saache wollte géinteneen opweien. Et gesäit natierlech kee wäit an d'Zukunft, mä eise Service financier hat, mengen ech, zweemol an der Finanzgeschicht vun der Stad Esch, mat awer net deenen nämlechte Leit, well et schonn e bësse méi laang hir ass, Taux fixes, an dat war awer, waren, wann een dat retroaktiv kuckt, mat déi deierst Emprunten déi déi mer jeemools opgeholl hunn, esou dass mer awer eis duerchgerongen hu fir bei engem Taux variable ze bleiwen. An domatter wiisst dann den Endettement vun der Gemeng vun 62,3 Mio 2012 op 74,4 Mio 2013, fir de Fall wou mer deen integrale Montant vu 17 Mio géingen ophuelen, wat mer am Moment nach net wëssen, well Dir wësst jo, dass dat aktuellt Budgetsjoer nach bis den 31. oder 30. Abrëll 2013 leeft an esou laang och nach facturéiert ka ginn.
Den Här Bernard."

**Zénon Bernard (KPL):** „Jo, Merci Madame Buergermeeschter fir Är Erklärungen. Ech erlabe mer e puer prinzipiell Bemierkungen zu den Emprunten ze maachen. Ech schécke viraus, dass ech net vum Prinzip hir géint Emprunte sinn an duerfir stëmmen ech och net dergéint herno. Mä ech wëll eng Kéier ganz kuerz d'Situatioun schilderen. Dir hutt schonn en Deel ugeschnidde selwer, déi awer ufänkt lues a lues, net dramatesch, awer schwiereg Unzeechen ze kréien. Déi 17 Mio, et waren der 20 virgesinn, déi 17 Mio dann, an ech weess net ob et dobäi bleift. Dat muss een nach kucken. Déi 17 Mio, dat ass deen héchsten Emprunt …."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Dach et bleift dobäi. Et dierf net iwwer 17 erausgoen. Dat ass de maximale Plafong."

**Zénon Bernard (KPL):** „Jo. Déi 17 Mio, dat ass deen héchsten Emprunt dee jeemools gemaach ginn ass op 20 Joer, dee jeemools gemaach ginn ass. An de Joeren 2010/2011/2012 an dann elo prospektiv 2013, also an deene leschte 4 Joer goufen insgesamt 61 Mio Emprunte gemaach. D'Gesamtschold, Dir hutt et elo grad ugeschnidden, beziffert sech op ronn 75 Mio. Dovun, vun deene leschte 4 Joer, an dat ass dat wat mech awer e bësse skeptesch mécht, eleng 61 Mio. Dat heescht, 79,2% vun der Gesamtschold vun der Gemeng sinn déi lescht 4 Joer gemaach ginn. Ech si mer bewosst, dass mer an enger Krisenzäit sinn, a wéi gesot ech sinn och net prinzipiell géint Emprunten, mä hei muss een awer vläicht elo e bëssen d'Käpp zesumme strecke fir sech dat mol ze iwwerleeën. Dat ass nämlech eng Steigerung, wann Dir dat reng prozentual ausdréckt, vun 218%. Dat ass enorm. An duerfir hunn ech mer meng Gedanke gemaach, ech menge mir all heibanne maachen eis déi Gedanken, an ech hu während de leschte Budgetdebatte behaapt, ech sinn och net widdersprach ginn, dass mer am Joer 2013 Dépensë maache fir d'Joer 2020/21. Dat ass d'Situatioun an duerfir erlaben ech mer, mech bei deem Emprunt hei ze enthalen."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Den Här Baum."

**Marc Baum (Déi Lénk):** „Ech deele verschidden Elementer vum Här Bernard senger Analys, notamment wann ee seet, et kann een net prinzipiell géint en Emprunt sinn. Ech mengen, datt dat och e wichtegt Signal muss sinn, och wann een dee Budget net matstëmmt, fir ze soen, et geet net ëm de Prinzip vum Emprunt, deen a mengen Ae richteg ass, well eng Stad muss kënnen investéieren, grad eng Stad déi sech wëll entwéckelen an déi grouss Entwécklungsspréng an deenen nächste Joeren nach ze maachen huet. Duerfir, et geet net géint de Prinzip, mä, an do deelen ech dann awer net d'Konklusioun vum Här Bernard, deen Emprunt ass Ausdrock vum Budget a fir mech ass et vun dohier kloer, datt wann een de Budget net mat votéiert huet, well ee verschidden aner Prioritéite gesat hätt, datt een dann och den Emprunt deen dorausser découléiert net mat votéiert."

**Zénon Bernard (KPL):** "Da kënnt Der och net fir den Office Social stëmmen. Dee steet och am Budget."

**Marc Baum (Déi Lénk):** „Dat do ass elo esou e bësse wéi déi Rechnung déi Dir virdru gemaach hutt, well ech wëll nach eng Kéier drop zréckkommen. Se ass nämlech net ganz richteg mat Ären 79% déi an deene leschte 4 Joer u Schold bäikomm wieren. Well Dir hutt nämlech ee Facteur net mat agerechent an dat ass deen, datt d'Escher Gemeng gläichzäiteg zu Emprunten ophuelen, natierlech och Emprunten zréck bezilt. Dat heescht, datt een d'Schold net einfach kumuléiere kann an déi Suen net einfach addéiere kann, déi als Emprunt opgeholl ginn, fir d'Schold ze berechnen. Well, gläichzäiteg ginn tëschent 4 a 4,5 Mio € all Joer u Kapital zréck bezuelt. Dat heescht, et ass net eng einfach Additioun déi dozou kënnt, datt Dir op 79% kommt. Duerfir stëmmt dee Prozentsaz net.
Et kann een natierlech eenzel Saachen an eenzel Projeten, wat mir als Lénk jo och ëmmer erëm maachen, vum Schäfferot ënnerstëtzen, an den Office social ass een dovunner, wat net heescht, datt een déi Gesamtpolitik gutt heescht vun deem den Emprunt integrale Bestanddeel ass an duerfir stëmme mir de Budget net."

**Zénon Bernard (KPL):** „De Budget oder den Emprunt?"

**Marc Baum (Déi Lénk):** „Den Emprunt."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Den Här Zwally. De Budget dee steet jo nach net zum Vote."

**André Zwally (CSV):** „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech menge mir hunn eis Bedenke wat och dës Situatioun ubelaangt. Ech menge mir hunn och Suergen doriwwer, déi hu mer schonn ausgedréckt an der leschter Diskussioun déi mer an der Budgetsdiskussioun haten. Mir sinn der Meenung, dass esou wéi och d'Virriedner gesot hunn, et ëmmer natierlech derwäert ass iwwer punktuell Projete mat ze stëmmen an déi och mat ze akzeptéieren. Sinn awer och der Meenung, dass eis Linn éischter déi ass, dass mer éischter op grouss Projete Wäert leeën. Grouss Projeten, déi mer ëmmer wëllen ënnerstëtzen, déi och e bestëmmte Bestanddeel hu fir déi ganz Bevëlkerung vun Esch, respektiv och déi déi ganz einfach dat Ganzt brauchen. An deem Sënn hu mir als Fraktioun dann och décidéiert an och an der Logik ze bleiwe vun eiser Konsequenz, well mer dee leschte Budget jo net mat gestëmmt hunn, dass mer hei Ären Emprunt, deen Dir wëllt ophuelen, net wäerte matstëmmen."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Den Här Weidig, wann ech gelift."

**Paul Weidig (LSAP):** „Bon, mir haten och déi Diskussioun an der Finanzkommissioun an ech wollt just eppes feststellen. Dat eent ass effektiv, dass eis Finanzsituatioun par rapport zu deenen anere Stied, aner Gemengen, nach laang net déi schlechst ass an ech mengen dat ass kloer, dass an deene leschte Joeren déi gesamtwirtschaftlech Entwécklung vun eisem Land net favorabel war an datt ebe mat sech bréngt, dass mer och e wéineg erabréngen an dat wäert an deenen nächste Joeren haaptsächlech, mir hu jo elo dee Circulaire kritt vum Minister, do gesäit et och net all ze gutt aus fir d'nächst Joer, dass do Problemer entstinn.
An dat anert, dat zweet wat ech soe wat ganz wichteg ass, et ass ebe mat deem Emprunt dee geholl gëtt, dass mer domat laangfristeg a virun allem och nohalteg Infrastrukture finanzéieren an dann ass dat am Fong geholl, wann een dat esou betruecht, dass mir leschten Ends zum Beispill mat Schoulen an esou weider, dass mer do awer an d'Zukunft vun Esch, an d'Zukunft vun eiser Jugend investéieren, an dass deen Emprunt doudsécher garantéiert ass. Ech mengen dat ass ganz wichteg an duerfir mengen ech, dass mir net derlaanscht kommen eben déi Empirunten do opzehuelen, mä wéi gesot, et sollen domat wichteg Infrastrukture finanzéiert ginn. Merci."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, allen Intervenanten. Ech wëll elo net déi nämlecht Diskussioun erëm declenchéieren déi mer hate wou mer de Budget heibannen diskutéiert hunn. Mä ech wëll awer just rappeléieren, dass mer hei unanime waren an och deementspriechend Motiounen hei schonn an der Vergaangenheet gestëmmt hunn, dass et net geet ouni grondleeënd Gemengefinanzreform an och grondleeënd Iwwerleeunge wat eise Subsidesystem ubelaangt. Mir haten elo relativ rezent am Schäfferot, am Zesummenhang mat der Preparatioun vum Budget fir 2014, d'Diskussioun ronderëm d'Subside vun eise Schoulen. Dir wësst, dass mer an deene leschten 10, 15 Joer en enormen Nohuelbedarf haten, wat eis Schoulen an eis Maisons Relais ubelaangt a mir sinn elo, nodeem eise Service financier déi entspriechend Héichrechnunge gemaach huet wat d'Renovatioun vu bestoendem Schoulraum ubelaangt an d'Schafung vun neiem Schoulraum ubelaangt, dass mer do tëschent 18 an 20% bäigeluecht kréie bei eis Schoulen, wann een eng Moyenne hëlt. Dat heescht, do sinn och schoulesch Renovatiounsaarbechte wou mer praktesch iwwerhaapt näischt bäigeluecht kréien, well et existente Schoulraum ass, mä duerch d'Bänk wäerte mer bei manner wéi 20% Participatioun vum Stat bei der Renovatioun oder der Schafung vun neiem Schoulraum kréien. Ech vergënnen all Gemengen déi Subsiden déi se kréien, mä et géing mech awer wonnere wann all Gemenge vum Land just bei 18 oder 20% géife leien. Dat géing mech awer mol wierklech eng Kéier interesséieren. Mä op alle Fall, wann eng Gemeng et verdéngt hätt fir méi bäigeluecht ze kréien, fir bei d'Schoulen, well dat war eise gréissten Invest an de leschte Joeren, da wier et d'Stad Esch.
Déi zweet Remarque déi ech wollt maachen, déi gräift an déi éischt eran. Mir sinn eng Gemeng déi eng ganz Rëtsch Dépensen huet als regionalen Zentrum, deen am Fong och net mam aktuelle Verdeelerschlëssel Rechnung gedroe gëtt. Dat fanne mir net richteg a mir hu méi wéi eng Kéier doropper higewisen, am Moment ouni Succès, a mir hunn natierlech do och eng gewëssen Erwaardungshaltung vis-à-vis vun der neier Regierung.
Déi drëtt Remarque déi ech wollt maachen, also et ass ganz geféierlech wann een hantéiert mat Chiffres absolus, duerfir wëll ech déi dote Pourcentagë ganz wäit ewech weisen déi hei vum Här Bernard ugefouert gi sinn. Ech wëll Iech awer Pourcentagen nennen déi een net kann interpretéiere well se einfach op Grond vun der Kontesituatioun schwaarz op wäiss do stinn. Mir haten 2010, am Kontejoer 2010 hunn eis Annuitéiten déi effektiv tëschent 4,4 a 5,9 leien. 5,9 wier wa mer elo deen integralen Emprunt géingen ophuelen. Do lounge mer 2010 bei 3,7% vun eise Recettes ordinaires, well mir haten 2010 Recettes ordinaires vun 124,5 Mio. An d'Annuitéiten hunn do ronn 4,5 Mio dovunner ausgemaach. Dat sinn 3,7%. Dat heescht, vun all eise Recettes ordinaires sinn 3,7% geholl gi fir d'Annuitéite vun eisen Empirunten ze bezuelen. Net 30%, 3,7%. Dee Pourcentage ass 2011 vun 3,7 op 4% an d'Luucht gaangen. Do hate mer effektiv Recettes ordinaires vun 138,6 Mio an d'Annuitéiten hu 5,4 Mio ausgemaach. Dat si 4%. Dat heescht, mir si vum Budgetsjoer 2010 op 2011 vun 3,7 op 4% an d'Luucht gaangen. Nach ëmmer Kontejoeren, net elo Estimatiounen. D'Kontejoeren, schwaarz op wäiss, Kontejoere validéiert vum Ministère. 2011 4%, 2012 war de Pourcentage vun eisen totalen Annuitéite vis-à-vis vun de Recettes ordinaires bei 4,1%, well do hate mer nämlech Recettë vun 144,1 Mio an eis Annuitéite sinn op 5,8 Mio an d'Luucht gaangen.
An elo, wat d'Previsiounen, do si mer bei Previsiounen, déi soen ech elo zu eisen Ongonschten, well ech soen dat wéi wa mer an engem Szenario wiere fir de maximal Montant opzehuele vum Emprunt, wat ech awer nach net weess. Vläicht ass et jo och wéi an deene Joere virdru just 2/3 vun deem Montant oder vläicht just d'Halschent. Dat kann ech Iech elo nach net soen. Mä kommt, mir huele mol dee fir eis ongënschtegste Maximalbetrag. Mir hunn eng estiméiert Recette, well se si jo, wéi den Här Weidig richteg gesot huet, liicht erofgaangen, vun net 144,1 Mio mä vun 141,7 Mio. Mir géinge bei eisen Annuitéite bei 5,9 leien, also liicht méi héich wéi dat Joer virdrun an da géingen dee Moment de Pourcentage vun den Annuitéite vis-à-vis vun eiser Recette ordinaire vu 4,1 op 4,2 an d'Luucht goen. Also, wann ech gelift, wann Dir schonn d'Pourcentagen, wann Dir scho Pourcentagen nennt, dann....
(Zwëscheruff vum Här Bernard)
Ass an der Rei, mä ech si ganz skeptesch wat Är Pourcentagen ubelaangt, duerfir nennen ech Iech hei Pourcentagen déi Dir kënnt gleewen.

Dovunner ofgesinn, deele mir awer all déi déi der Meenung sinn, dass ee soll eng virsichteg Finanzpolitik maachen an nofolgend Generatiounen nëmmen esou vill soll belaaschte wéi et onbedéngt muss sinn. Mir fale wéineg Projeten, an déi mer eis an deene leschte Joeren hätte kënne spueren, well si bestinn zu engem gréissten Deel aus der Moderniséierung, der batter noutwenneger Moderniséierung vun eisen ëffentlechen Infrastrukturen. Virun allem eise Schoulen an der Sécherheet vun eisen ëffentleche Gebaier, eise Stroosseninfrastrukturen an eisen Infrastrukture fir Energie an aner liewenswichteg Déngschtleeschtungen um Escher Bierger. An dowéinst si mer leider obligéiert fir e Finanzement vun eisem Budget iwwer Empruntën ze maache wéi déi meescht aner Gemengen hei am Land och, ausser verschidde Gemengen déi Dir alleguerten nach besser kennt wéi ech.
Sou, ech géing Iech da bieden Är Meenung auszedrécken zu deem proposéierte maximal Emprunt vu 17 Mio. Au vote."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal décide par 10 voix oui, 6 voix non et 1 abstention d'autoriser le collège des bourgmestre et échevins à contracter un emprunt.*
*Ont voté oui, Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Hinterscheid, Huss, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Bofferding, Hansen, Kox, Weidig et Wohlfarth. Ont voté non, les conseillers Baum, Goetz, Hildgen, Johanns, Maroldt et Zwally. Le conseiller Bernard s'est abstenu.*

## 15. Modifications budgétaires; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Mir géingen da weiderfuere mat de Modifications budgétaires. Do geet et haaptsächlech drëm fir budgetsintern Verschiebungen ze maache fir Aarbechten an der Bibliothéik, respektiv Informatiounsfraisen déi ufale fir eis Bibliothéik. Et geet och ëm de Schülertransport, respektiv den Transport am Kader vun Activités de loisirs an Encadrement périscolaire. Do ass et zu Verschiebunge komm an dat si Modifikatiounen déi natierlech innerhalb vun de Servicer opgefaange ginn.
Jo, den Här Zally."

**André Zwally (CSV):** „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech hunn eng Fro. Vu dass mer hei am Kader och si wat de Schülertransport ubelaangt, vläicht un den zoustännege Schäffen, ass déi Affaire vu Belval, de Quartier Belval. Et ass eis zu Ouere komm, dass eigentlech keen Transport méi do besteet fir d'Kanner erofzehuelen op Esch an ass eng Kompensatioun do virgesinn oder ass iergendwou eppes wat dann awer virgesinn ass fir dat awer weider ze assuréiere fir déi Kanner erofzebréngen?
An déi zweet Saach ass och déi, ech mengen da kann een dat am selwechten Otemzuch och maachen, ginn et Gespréicher fir eng gemeinsam Schoul ze maachen um Niveau vu Bieles mat Esch? Merci."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Bon, wa keng aner Wuertmeldunge méi do sinn, da kucken ech hilfesuchend op meng Mobilitéits- a Schoulschäffen, ob si kënnen op déi dote Fro äntweren, well ech kann et fir de Moment net."

**Schäffe Jean Tonnar (LSAP):** „Jo, Här Zwally, déi Fro huet sech gestallt. Et ass awer esou, dass mer nëmme 5 Kanner hunn de Moment déi um Belval wunnen an déi an eng Escher Schoul ginn. An déi ginn, soit mat hiren eegene Moyenen, dat heescht dass d'Eltere se féieren, soit huele se d'Linn 4 vum TICE.
Iwwert eng gemeinsam Schoul, mir hunn e puermol am Schäfferot doriwwer ugefaangen ze diskutéieren, mä déi Fro stellt sech absolut de Moment nach net. Mä do sinn all Méiglechkeeten op. Entweder, dass mir eng Escher Schoul bauen oder an Zäite vu Krise kënnt ee jo och envisagéieren, dass een eng gemeinsam Schoul op deem Site dee jo och e gemeinsame Site ass an nach weider ëmmer méi gëtt, kënnt mat der Nopeschgemeng eng Schoul eng Kéier zesumme bauen."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Au vote."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal accepte à l'unanimité les modifications budgétaires.*

## 16. Crédit spécial et devis supplémentaires; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Sou, bei Punkt 16 geet et ëm e Crédit spécial an ëm Devis supplémentaires. Beim Crédit spécial kënnt Dir vläicht mat Recht soen, muss dat elo nach sinn? Elo hu mer geschwënn de Budget, hätt et net kënnen doranner kommen? Mä do geet et ëm en Tracteur agricole fir eise Fierschter a mir hunn d'Chance en immens gudde Fierschter hei zu Esch ze hunn, dee wierklech keng Saache freet déi net onbedéngt musse sinn an deen eis och konnt ganz glafwierdeg erkläre firwat déi Acquisitioun do noutwenneg ass. Esou dass mer dann d'accord waren, fir déi doten Acquisitioun ze maachen. Dat ass e polyvalenten Trakter an dat ass einfach wichteg fir dat ze hunn. Dat ass also de Crédit spécial.
An da sinn nach eng Rei vun Devisen do, wou Dir Opschloss kritt iwwert déi eenzel Planungsaarbechten. Dat eent ass an der rue de Rotterdam, Place de l'Europe, d'Antenne collective, de Renouvellement. Do wier den neien Devis bei 116.000 €. Dat nämlecht gëllt och fir den Eclairage public op där doter Plaz. Do wier de Devis fir de Renouvellement bei 100.000 €. An da géinge mer weidergoen an de Boulevard Hubert Clément, deen Tronçon rue de Monnerech/Place de l'Exposition, do geet et ëm de Renouvellement vun der Conduite d'eau an hei ass e Montant virgesi vun 80.000 €. Op alle Fall ass den Devis doropper ausgeriicht an dat wier et. Voilà.
Jo, en Zousaz vum Ressortschäffen."

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** „Jo, do kann een eng Informatioun, also et ass net dass do eng absolut chaotesch Planung war. Wann Dir gesitt, déi Krediter déi ginn och en économie geholl vun engem Sammelkredit dee mer haten: Antenne collective et fourniture en coordination avec d'autres services. Well mer wéi mer de Budget opgestallt hunn, net genau wousste wéi schnell d'Poste géing viru kommen, hu mer e Sammelkredit an all deenen Infrastrukture gemaach, fir ze

soe wann d'Post dann do geet a mir hunn do e Besoin, da maache mer iwwert eng Modification budgétaire an iwwert en neien Devis affectéiere mer dat da präzis. Also et ass eigentlech e Sammelkredit dee mer dofir gestëmmt hunn. Et ass net, dass do einfach guer net dru geduecht ginn ass, mä mir waren ofhängeg vun der Post."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Kënne mer déi regruppéiert ofstëmmen? Jo, au vote."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les crédits spéciaux et devis supplémentaires.*

## 17. Relevé et rôle supplétif; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Punkt 17, dat ass de Relevé an de Rôle supplétif vum Impôt foncier an do geet et ëm e Montant vun 2,2 Mio dee mer an eis Keess era kënne féiere wann Dir eis dozou den Aval gitt natierlech nëmmen. Au vote."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier précité relatif à l'exercice 2013.*

## 18. Subsides extraordinaires; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Da kéime mer bei e Subside extraordinaire un eng lëtzebuerger Studentenassociation déi fir d'éischte Kéier an der Geschicht vun hirer Associatioun en Zürecher Bal, deen zu engem vun de renomméierste Studentebaler hei am Land gehéiert, zu Esch organiséiert. Wat mir dann ënnerstëtzen a wouriwwer mir eis och immens freeën.
Jo, den Här Baum, wann ech gelift."

**Marc Baum (Déi Lénk):** „Madame Buergermeeschter, et ass iwwer ... Madame Hildgen, dierf ech?"

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Jo, jo, Dir hutt d'Wuert eleng, Här Baum."

**Marc Baum (Déi Lénk):** „Studentebaler sinn eng flott Ugeleeënheet, mä et stellt sech awer fir mech wierklech d'Fro ob et d'Aufgab vun der ëffentlecher Hand ass fir Studentebaler a Studenteclib ze finanzéieren? Studenteclib ze finanzéiere mat Aktivitéiten, wéi festiv Discoen, well am Fong ass e Studentebal näischt anescht.
Ech stelle mer d'Fro, firwat d'Zürecher? Maache mer dat dann elo och wann déi Bréisseler kommen? Wann déi vun Tréier kommen? Wann d'Oochener kommen? A Karlsruhe? Et sinn, d'Londoner, d'Lécker, maache mer dat dann elo mat jiddwerengem? Kritt jiddwereen deen hei zu Esch eng Disco wëll maachen a Student ass dat vun der Escher Gemeng finanzéiert? Also dat stellen ech awer wierklech a Fro. Et feelt mer och en Avis vun der zoustänneger Subsidekommissioun, well dat hätt jo awer am Fong och do missten diskutéiert ginn. Op jidde Fall, an deenen Dokumenter déi ech hunn, ass keen Avis derbäi.
Ech war selwer, an dat ass nach net esou laang hir, bon, 10 Joer, Student, an ech war och Member vun engem Studentecercel, de Münchener. An de Münchener Bal ass och e ganz renomméierten, well do kommen och all Joer eng dausend Leit hinn. An dee Studentecercel, deen huet sech finanzéiert iwwert d'Entréeën déi do erakomm sinn. Net anescht maachen déi Zürecher dat och, iwwert d'Entréeën déi erakommen. Dat Joer wou ech am Comité war, hu mer et dann dunn esou gemaach, do hate mer esou vill Boni gemaach – wat déi Zürecher mengen ech, awer och maachen, dat do ass keen defizitärt Geschäft – datt mer da gesot hunn, majo, mer hunn esou vill Benefiss gemaach an dovunner finanzéiere mer eis dann als Lëtzebuerger Studenten zu München eng Vakanz eng Woch zu Istanbul. Déi och ganz flott war an déi och ganz festiv war. An ech wäert sécherlech kee Kand vun Trauregkeet kënne genannt ginn, datt ech Studentebaler net gär hätt, mä ech mengen dat do ass wierklech net am Beräich vun deem wat eng Gemeng sollt finanzéieren an duerfir wäerte mer dat do och net matstëmmen."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Den Här Tonnar huet mer et elo grad ganz richteg gesot an engem Terme deen ech net fonnt hunn: Et ass am Fong wierklech eng Zort Cadeau de bienvenue, well bis elo ass kee Studentebal zu Esch. Si sinn einfach alleguerten an der Stad a mir fannen dat immens flott, dass awer elo d'Studentenassociatiounen ufänken de Reflex ze kréien, ëmsou méi d'Universitéit sech hei zu Esch etabléiert, fir och bei eis op Esch ze komme fir hir sozial Evenementer hei ze organiséieren an dat fanne mir eng ganz flott Saach.
Ech hunn awer eppes wichteges vergiess am Zesummenhang mam Gesamtpunkt Subsiden, mir kënnen déi Saache jo dann herno separat ofstëmmen, ech hunn déi aner Subsiden net genannt déi hei op der Lëscht sinn. Dat sinn déi fir eis Bouschéisser wou se eng Demande de subside gemaach hu fir de Chauffage an d'Sécurité routière wou mer am Fong en Don maachen, respektiv eng Memberskaart huelen, Île au clown, dat ass e ganz flotte Projet, dee virun allem och bei kranke Kanner zum Droe kënnt. Deen ënnerstëtze mir.
D'US Esch déi kritt wéi och aner eng ganz Rëtsch vun anere grousse Sportveräiner déi hire Centenaire gefeiert hunn, 10.000 € fir hire Centenaire. Den Handball Esch, deen enorm erfollegräich ass, deen un der Champions League Deel geholl huet a Schweden zwee Matcher gespillt huet. Déi ënnerstëtze mer mat 3.000 € a CINEAST asbl dat ass eng Demande de subsid fir Séancen déi zu Esch sinn. Dat ass e Festival an deene gi mer 1.500 €, esou dass ech lech géing bieden deenen dote Subsiden Ären Aval ze ginn a wann Dir d'accord sidd, géinge mer déi vun der Kommissioun da separat ofstëmmen an dee vum Zürecher Bal dann eenzel, well jo do eng Rei vu Reflexiounen hei gemaach gi sinn, déi déi dat noutwenneg maachen.
(Zwëschefro)
Also wann en an der Rockhal ass, da ginn hir 5.000 € net duer fir d'Frais de location. D'Äntwert ass, en ass an der Rockhal.
Majo da fir d'éischt den Tableau vun der Kommissioun. Au vote."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Marco Goetz – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M.*

*Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les subsides extraordinaires suivants:*

| NOM du DEMANDEUR | Montant |
|---|---|
| Bouschéisser Esch-Uelzecht | 2.000 € |
| SECURITE ROUTIERE Bertrange | 250 € |
| ILE AUX CLOWNS Asbl Luxembourg | 500 € |
| US ESCH | 10.000 € |
| HB ESCH | 3.000 € |
| CINéAST asbl, Luxembourg | 1.500 € |

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „An dann den Zürecher Bal zu Esch."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Marco Goetz – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal décide par 7 voix oui, 2 voix non et 5 abstentions d'accorder un subside à l'association des étudiants luxembourgeois à Zurich.*
*Ont voté oui, Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Hinterscheid, Huss, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Kox et Wohlfarth. Ont voté non, les conseillers Baum et Johanns. Les conseillers Bernard, Goetz, Hildgen, Weidig et Zwally se sont abstenus.*

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Jo, d'Begrënnung vun der Abstentioun. Den Här Zwally, den Här Bernard."

**André Zwally (CSV):** „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech menge mir versti jo och déi Verbonnenheet déi ee siche geet op Grond vun der Uni déi elo 2014/2015 hei kritt a mir sinn och schonn der Meenung, dass ee vereenzelt Aktivitéite ka mat ënnerstëtze wann et an déi dote Richtung geet. Allerdéngs deele mer och punktuell déi Bemierkungen déi hei den Här Baum gemaach huet a mir hunn och hei d'Befierchtungen, dass wa mer op de Wee gi fir eng Associatioun am Beräich vun den Universitéiten ze ënnerstëtze fir Baler ze maachen, da wäert dat och net ausbleiwen, dass anerer komme fir datselwecht ze maachen. Mir haten éischter gemengt, well dat heiten, ech weess net ob een dat soll e soziale Charakter nennen, mä ech ginn net op de Wee fir e soziale Charakter ze bestëmmen, mä mir sinn awer der Meenung, dass een hätt kënne waarde bis d'Universitéit wierklech do gewiescht wier an de Besoin vun hirer Virstellung fir kënne mat ze hëllefen déi ganz Saach méi attraktiv ze maachen, ofzewaarden. Insofern si mir dann net bereet fir direkt mat op deen dote Wee ze goen an dat ass och d'Argumentatioun firwat dass mer eis do enthalen."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Den Här Bernard."

**Zénon Bernard (KPL):** „Ech hunn dem Här Baum gutt nogelauschtert wéi hie seng Argumenter virbruecht huet. Dat huet Kapp a Schwanz, wéi ee seet, wat hie gesot huet als Argumentation. D'Fro déi sech jo stellt, déi ee sech automatesch stellt, dat ass jo déi, wisou dat net méi an der Stad stattfënnt? Dat ass d'Fro? A mer wëssen d'Ursaach, wann een dat e bësse verfollegt oder verfollegt huet déi lescht Joeren, da si mer gewuer ginn a mer wëssen och duerch d'Press, dass do permanent Problemer ware mat der Disziplin, mat der Uerdnung, mam Alkoholisme an esou virun. A si hunn, esou wäit ech informéiert sinn, kee Sall méi kritt an der Stad. An dat ass eng Informatioun déi ech hunn, ech loosse se mol am Raum stoen, mä dat schéngt mer awer eng serieux Quell ze sinn déi mer dat gesot hunn. An duerfir, ech si prinzipiell net dergéint enger Studentenassociatioun ënnert d'Äerm ze gräifen. Ech war selwer och op der Uni. Ech war am Comité vu Léck a mir hunn och Baler organiséiert. Ech weess, dass dat Sue kascht, mä richteg ass och wat den Här Baum gesot huet, de Lécker Bal déi Zäit huet sech méi wéi autofinanzéiert. Ech weess dat well ech am Comité souz, grad wéi den Här Baum zu München an duerfir enthalen ech mech an ech wollt dat, wéi gesot, mat där Reserve déi ech virdru gesot hunn, erklääeren."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Den Här Weidig."

**Paul Weidig (LSAP):** „Jo, ech muss soen, dass ech der Meenung sinn, dass fir de Cadeau de bienvenue 5.000 € dach e bësse vill sinn a wann een dat am Rapport gesäit, zu deene groussen Turnoi d'Escrime déi mer hei am Süden organiséieren, an och haut diskutéiert hunn, fannen ech et einfach disproportionéiert. Doriwwer eraus ass mer och kloer dass si Problemer hunn effektiv an der Stad e Sall ze fannen. Si kommen net wéinst eise schéine Gesiichter heihinner.
An dat anert ass, déi Studentebaler déi ech och deelweis mat organiséiert hunn, ginn organiséiert fir Suen an d'Keess ze kréie a fir herno och entspriechend genuch ausstofféiert ze si fir e „gutt Liewen ze féieren" an duerfir sinn ech där Meenung, dass mer heimat einfach eng Dier opmaachen. Wa mer elo nach eng Kéier 5 Studenteclib hunn, déi einfach dann décidéieren hei e Bal ze maachen, da si mer wuel forcéiert hinnen och nach 5.000 € ze ginn. An ech mengen, et ass net an den Attributioune vun der Gemeng fir engem Bal, dee wierklech no gewënnbréngend Critèren organiséiert gëtt, fir deene mat 5.000 € hei eng massiv Ënnerstëtzung ze ginn."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Also ech wëll just hei soen, dass de Schäfferot sech zu guer näischt forcéiert fillt. Also dat dozou. An zum zweeten, hoffe mer dann, dass d'Kierch am Duerf do bleift a mer ginn da selwer kontrolléieren ob et flott ass. Voilà."

## 19. Commissions consultatives: modifications; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Da kéime mer zum Punkt 19, Commissions consultatives. Dat ass zum engen e Schreiwes vun Déi Lénk, déi an der Integratiounskommissioun den Här Jos Barthelmy nennen als Membre effectif an d'Madame Valérie Jadoule an hirer Fonctioun als Membre suppléant.
Dann de Mouvement écologique, deen e Changement eragëtt an der Energie- an Environnementskommissioun an do gëtt den Här Carlo Georges ersat duerch den Här Tom Gallé. A wann Dir d'accord sidd, da géinge mer duerch ee geheime Vote fir déi zwou eisen Aval dozou ginn."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen –*

*Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal procède par vote secret et approuve par 14 voix oui et 1 bulletin nul les changements dans les commissions consultatives.*

### 20. Contrats de bail; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „En attendant ass d'Madame Spautz bestëmmt scho prett fir eis an hirer Eigeschaft als Logementsschäffin d'Contrats de bail ze presentéieren."

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** „Et leie 6 Contrats de bail vir. Déi éischt 5 sinn nei Kontrakter an de 6. ass en Avenant zu engem Kontrakt. An ech bieden Iech, deem zouzestëmme wann ech gelift."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Marco Goetz – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les contrats de bail.*

### 21. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „An en attendant géinge mer dann och d'Règlements de la circulation presentéiert kréien."

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** „Merci. Do ass och näischt Spektakuläres dran. Et ass eng ganz Rëtsch Provisorescher an dann ass et d'technesch Ëmsetzung vun deenen Décisiounen déi mer geholl hunn am Kontext vum Parking résidentiel Belval a vum Parking St Joseph."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Ech gesi keng Wuertmeldunge méi zu deene leschten zwee Punkten. Da waarde mer dass eise Gemengesekretär erëm ka Plaz huelen an da géinge mer déi 2 Punkten ofstëmmen a mir zielen d'Ziedelen aus."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – M. Marco Goetz – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les règlements de la circulation routière.*

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** „De Vote ass 15x Oui, wou op engem Ziedel hanne Oui drop steet, dee gëllt net. 14X Oui an 1 ongëlltegen."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Sou, wann ech dat richteg gesinn, si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm."

## Résumé en français de la séance du Conseil communal du 15 novembre 2013

(Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois)

### 2. Information au public des décisions de personnel

A) Démissions.
1) Démission honorable à accorder avec effet au 1er mars 2014 à Madame Liliane Gantrel, employée communale auprès des structures socio-éducatives de la Ville.
2) Démission honorable à accorder avec effet au 1er mars 2014 à Madame Danuta Stachlinski ép. Krawczyk, employée communale au département des travaux municipaux.
B) Résiliation d'un contrat d'engagement.
Résiliation avec effet au 1er novembre 2013 du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Amanda Ruscitti ép. De Bernardi, éducatrice diplômée auprès des structures socio-éducatives de la Ville.
C) Promotion.
Carrière de l'attaché administratif.
Promotion avec effet au 1er mars 2014 de Madame Claudia De Almeida, préposée du service structure et organisation, aux fonctions de conseiller (grade 15).

### 3. Correspondance

**Lydia Mutsch (LSAP)** présente une prise de position du collège échevinal concernant les incendies de plusieurs voitures à Esch. Elle souligne qu'il ne s'agit pas d'un phénomène généralisé d'une criminalité qui serait en augmentation mais de quelques individus qui essayent de provoquer un sentiment d'inquiétude chez la population. La police pense qu'il s'agit d'un auteur unique et il ne faut donc pas que les soupçons se portent sur toute une partie de la population. Mme Mutsch souligne en outre que les statistiques démontrent que le taux de criminalité à Esch n'est pas supérieur à celui d'autres agglomérations de la même taille.
Le collège est en étroite collaboration avec la police, mais il n'a qu'une compétence d'attribution ; la lutte contre la criminalité se trouve sous la seule tutelle des autorités nationales. Le collège échevinal se réjouirait cependant d'une augmentation des effectifs de la police à Esch.
Le Comité local de sécurité se réunit régulièrement pour discuter des problèmes et pour proposer des mesures pour lutter contre la criminalité. Le collège refuse à cet égard tout soupçon généralisé et simpliste envers des gens d'une certaine nationalité, d'un certain âge ou d'une certaine couche sociale. Il s'agirait là d'un jeu avec le feu intolérable.

### 4. Enseignement : Organisation scolaire définitive ; décision

**Jean Tonnar (LSAP)** présente l'organisation scolaire définitive. Il y a 3.281 élèves à Esch contre 3.215 pour 2012/13. 234 élèves au précoce, 809 au cycle 1, 358 au cycle 2.1, 428 au cycle 2.2, 340 au cycle 3.1, 409 au cycle 3.2, 331 au cycle 4.1 et 372 au cycle 4.2. Le corps enseignant dispose de 363 personnes. 241 personnes brevetées (226 pour 2012/13), 77 chargés, 4 fonctionnaires communaux, 22 éducateurs et 19 personnes pour l'enseignement religieux.

1.682 enfants fréquentent l'enseignement religieux (1.684 pour 2012/13) et 554 l'enseignement moral (510 pour 2012/13).
La façade de l'école Dellhéicht a été rénovée, l'école rue de l'église a été fermée, la rue de Luxembourg a reçu un bâtiment modulaire, et celui de la rue de Macon a été remplacé par un nouveau module.
(Vote)

**Marc Baum (Déi Lénk)** motive son abstention par le fait qu'il s'est déjà abstenu lors du vote pour l'organisation scolaire provisoire.

## 5. Conservatoire : Organisation scolaire définitive ; décision

**Jean Tonnar (LSAP)** présente l'organisation scolaire définitive du Conservatoire. L'école est fréquentée par 1.007 élèves ; 629 filles et 378 garçons. 30% viennent d'Esch, 54,6% d'autres communes du pays et 15,7% sont des élèves étrangers.
(Vote)

## 6. Urbanisme: Classement comme monument national du monument et du square Emile Mayrisch; avis

**Lydia Mutsch (LSAP)** propose d'approuver le classement du square Emile Mayrisch comme monument national. Elle donne ensuite un court historique du site.
(Vote)

## 7. Conventions:
## a) Convention avec l'ACC Contern conc. l'organisation du Gala Tour de France; décision
## b) Convention avec l'Escrime Sud; décision
## c) Convention avec la Société Eschoise pour la Protection des Animaux Asbl; décision

**Henri Hinterscheid (LSAP)** présente une convention avec l'asbl Escrime Sud pour l'organisation du Tournoi International d'Escrime et une convention avec l'ACC Contern pour l'organisation du Gala Tour de France, le 3 août 2014.
**Théid Johanns (Déi Lénk)** souligne que le tournoi d'escrime a entretemps une envergure internationale. Il regrette à cet égard que l'Escrime Sud doit s'entraîner au Lampertsbierg à Luxembourg. Il semble en outre que le tournoi ne pourra pas être organisé à Esch puisqu'aucune salle ne semble être disponible. M. Johanns pense que le subside de 1.000 € de la part de la commune est dérisoire. Malgré cela, la commune demande des obligations comme l'insertion de son logo dans toutes les publications, la publication d'une préface d'un membre du collège échevinal, une quantité suffisante de billets d'entrée gratuits ainsi que des invitations VIP, etc.

**André Zwally (CSV)** aimerait connaître l'état du projet du centre national de beach-volley qui disposera également d'un centre pour l'escrime. Il rappelle en outre sa demande de recevoir un relevé de toutes les conventions entre la commune et les clubs eschois.

**Zénon Bernard (KPL)** se réjouit des trois conventions mais pense également que le subside pour le tournoi d'escrime pourrait être plus substantiel.

**Henri Hinterscheid (LSAP)** explique que l'initiative pour faire une convention avec Escrime Sud part de la commune qui veut aider le club à faire de son tournoi un événement annuel. Les obligations aux clubs se trouvent dans chaque convention, puisque la commune est souvent le sponsor le plus important et devrait donc avoir droit à une petite reconnaissance. Les conventions donnent en outre une sécurité aux clubs et supportent le bénévolat.
M. Hinterscheid explique à M. Zwally que le centre de beach-volley se trouve dans le plan quinquennal du Gouvernement.
(Vote)

**Jean Huss (Déi Gréng)** présente la convention avec la SEPA. Il rappelle à cet égard que la protection des animaux se trouve dans le programme de coalition de la majorité et que le collège échevinal a déjà essayé par le passé de venir en aide à cette association. Le comité précédent a manœuvré le refuge pour animaux dans une position isolée. En effet, la SEPA n'était alors plus membre de la ligue nationale de protection des animaux. Ensuite, il y a eu des divergences entre les membres du comité ce qui a pour résultat que l'association dispose aujourd'hui d'un comité complètement renouvelé doté de jeunes gens idéalistes et bénévoles. Le collège a eu des entrevues avec ce nouveau comité et veut placer ce refuge maintenant sur de solides bases.
M. Huss explique que le terrain et les immeubles du refuge appartiennent à la SEPA. Il y a de la place pour 9 chiens et une cage d'urgence. Il y a 30 chats dans 3 salles et le refuge dispose aussi d'un chalet pour chats sauvages.
M. Huss décrit ensuite le travail bénévole des membres de la SEPA.
La Ville d'Esch prend en charge les frais relatifs à la stérilisation/castration, à la vaccination antirabique ainsi qu'à la pose d'une puce électronique des chats et chiens recueillis par l'asile pour animaux d'Esch. La prise en charge de la Ville se limite à la différence entre les coûts réels et la contribution respective pour les chiens et les chats, ainsi que toute modification de ces contributions.
Dans l'hypothèse où la SEPA engage une ou plusieurs personnes sous contrat de travail pour assurer une permanence sur le site de l'asile, respectivement pour effectuer des travaux administratifs, la Ville d'Esch contribuera à un salaire à une hauteur maximale de 2.500 € bruts par mois.
La Ville d'Esch réalisera à ses frais une remise en état des locaux réservés aux chiens et plantera des arbres pour garantir des zones ombragées aux chiens. Les travaux à réaliser seront déterminés en concertation entre les services compétents de la Ville et la SEPA.
La SEPA, quant à elle, s'engage à gérer l'asile pour animaux d'Esch dans le respect de la protection de la vie, du bien-être et de la défense des animaux. Elle prend en charge les chats et chiens errants, abandonnés et/ou maltraités et servira de fourrière à la Ville d'Esch. La SEPA s'occupera en outre de la stérilisation/castration, de la vaccination antirabique et de l'identification électronique des animaux. Elle tentera de leur trouver au plus vite une nouvelle famille adoptive appropriée et s'engage à organiser conjointement avec la Ville d'Esch des projets de sensibilisation à la protection des animaux avec les élèves des écoles fondamentales.

**Taina Bofferding (LSAP)** souligne l'importance de la protection des animaux. Les membres de la SEPA font un travail important pour la société et elle se réjouit de cette convention qui est une reconnaissance de l'engagement de ces gens.

**Annette Hildgen (CSV)** rappelle que la loi du 9 mai 2008 demande que chaque agglomération d'une certaine envergure dispose d'un refuge animalier. Elle est en outre d'avis que cette loi devrait être retravaillée puisqu'elle ne s'occupe que des chiens.

Mme Hildgen se réjouit de la convention qui récompense le travail engagé des bénévoles de la SEPA.
A l'approche de l'hiver, Mme Hildgen souligne l'importance de la remise en état des locaux réservés aux chiens qui se trouvent dans un état lamentable.
Elle aimerait savoir à qui appartient le chemin de terre qui mène vers le refuge et qui devrait être remis en état.
Mme Hildgen propose de ne pas oublier les membres de l'opposition lors de la désignation de l'observateur de la commune au conseil d'administration de la SEPA.

**Jean Huss (Déi Gréng)** se rallie aux propos de Mme Hildgen concernant la loi de 2008.
Il pense que le chemin de terre appartient à ArcelorMittal.
(Vote)

## 8. Questions de personnel ; décision

**Jean Huss (Déi Gréng)** présente les questions de personnel.
(Vote)

## 9. Office social:
## a) Candidatures pour les 4 postes vacants au sein du Conseil d'Administration; décision
## b) Budget de l'Office social; décision
## c) Avenant du barème de l'Office Social; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** propose de voter les candidats pour les 4 postes vacants au sein du conseil d'administration de l'Office social.
(Vote)

**Vera Spautz (LSAP)** présente le budget rectifié 2013 (recettes et dépenses ordinaires : 3.066.700.- € ; recettes et dépenses extraordinaires : 5.000.- €) et le budget initial 2014 (recettes et dépenses ordinaires : 3.503.400.- € ; recettes et dépenses extraordinaires : 6.000.- €). L'augmentation de 500.000.- € entre l'ordinaire 2013 et l'ordinaire 2014 est due à l'augmentation du nombre de gens nécessiteux qui fréquentent l'Office social. Malheureusement, beaucoup de ces gens ont honte de fréquenter un office social et ne se manifestent que quand la situation est devenue insupportable.
Entre 2012 et aujourd'hui, les dépenses pour les factures pour les fournitures en énergie ont augmenté de 18.630,19.- à 39.611,91.- €. En 2012, l'Office social a fait 6.218 interventions ; pour 2013, le nombre de ces interventions est déjà de 7.641. Esch n'est cependant pas une exception, le problème est d'ordre national.
Mme Spautz présente ensuite l'avenant du barème de l'Office social.
(Vote)

## 10. SIGI : demande d'adhésion des communes de Diekirch et Mertzig ; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** propose d'accepter l'adhésion des communes de Diekirch et de Mertzig au syndicat intercommunal de gestion informatique S.I.G.I.
(Vote)

## 11. Autorisation d'ester en justice ; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** propose d'accorder au collège échevinal l'autorisation d'ester en justice à l'encontre d'une personne qui refuse de payer son loyer.
(Vote)

## 12. Transactions immobilières ; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** présente les transactions immobilières.
(Vote)

## 13. Impôt foncier : fixation des tarifs pour l'année 2014 ; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** propose de garder les tarifs de l'impôt foncier pour 2014 au niveau de 2013.

**Marc Baum (Déi Lénk)** rappelle la demande de son parti pour une réforme nationale de l'impôt foncier et demande au collège échevinal d'augmenter les tarifs.

**Zénon Bernard (KPL)** pense qu'une augmentation des tarifs serait une nouvelle cruauté sociale envers les citoyens frappés par la crise.

**Lydia Mutsch (LSAP)** soutient la demande de M. Baum pour une réforme nationale de l'impôt foncier. Elle prouve ensuite par des exemples que les tarifs d'Esch se trouvent dans la moyenne nationale.
(Vote)

## 14. Recours à un emprunt sur l'exercice 2013 ; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** propose le vote d'un emprunt de 17 mio € sur les 20 mio prévus au budget 2013. Il n'est cependant pas sûr que l'emprunt soit utilisé dans son entièreté. La durée de l'emprunt sera de 20 ans, à taux variable et l'endettement de la commune augmentera ainsi de 63,2 mio € en 2012 à 74,4 mio € pour 2013.

**Zénon Bernard (KPL)** explique qu'il s'agit du plus grand emprunt des 20 dernières années. 61 mio € des 75 mio € de la dette globale, c.-à-d. 79,2% proviennent des 4 dernières années. Il s'agit d'une augmentation de 218%. M. Bernard n'est par contre l'idée de contracter des emprunts mais il trouve la situation actuelle alarmante et s'abstiendra lors du vote.

**Marc Baum (Déi Lénk)** souligne qu'il n'est par contre l'idée de contracter des emprunts mais puisque cet emprunt découle du budget, il ne pourra pas voter en son faveur puisqu'il n'a pas voté en faveur du budget.

**Zénon Bernard (KPL)** ne comprend pas ce raisonnement et pense que M. Baum aurait alors dû voter contre l'Office social qui fait aussi partie du budget.

**Marc Baum (Déi Lénk)** craint que cette logique étrange soit la même avec laquelle M. Bernard a calculé ses 79,2% en oubliant que la commune continue à rembourser ses emprunts.

**André Zwally (CSV)** explique que son parti, qui n'a pas soutenu le budget, ne votera pas en faveur de cet emprunt.

**Paul Weidig (LSAP)** rappelle que le développement économique du pays souffre mais il est d'avis que comparé à d'autres communes, la situation financière d'Esch n'est pas si mauvaise. L'emprunt servira en outre à financer des infrastructures durables et sera donc un investissement dans l'avenir de la ville.

**Lydia Mutsch (LSAP)** rappelle qu'à Esch les plus grands investissements des dernières années ont été faits dans les écoles, qui accusent un énorme retard à combler. Ces investissements ne sont

malheureusement subsidiés par l'Etat que par moins de 20%. Mme Mutsch a des doutes que d'autres communes du pays ne sont également subsidiées que par 18 ou 20%. Elle rappelle en outre que le barème de répartition des subsides étatiques ne respecte en aucun cas le rôle régional d'Esch.
Concernant les chiffres avancés par M. Bernard, Mme Mutsch explique que pour 2010 les annuités des emprunts étaient de 3,7% par rapport aux recettes ordinaires, pour 2011 de 4% et pour 2012 de 4,1%. Il s'agit là de chiffres validés par le Ministère. Si on devrait tirer l'emprunt proposé dans son entièreté, ce pourcentage augmenterait à 4,2%. Mme Mutsch conteste donc les pourcentages avancés par M. Bernard.
Elle souligne l'importance d'une politique financière prudente mais souligne cependant que les investissements des dernières années étaient nécessaires pour la modernisation de nos infrastructures.
(Vote)

## 15. Modifications budgétaires ; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** présente des modifications budgétaires pour la bibliothèque et pour le transport scolaire.

**André Zwally (CSV)** remarque qu'il n'y a pas de transport scolaire prévu pour les enfants de Belval. Il aimerait savoir en outre si Esch à l'intention de construire une école en collaboration avec la commune de Belvaux.

**Jean Tonnar (LSAP)** explique que seulement 5 enfants de Belval fréquentent une école à Esch. Ils utilisent ou leurs propres moyens de transport ou la ligne 4 du TICE.
M. Tonnar explique que la construction d'une école commune avec Belvaux est une possibilité mais qu'il n'y a encore aucun concept à cet égard.
(Vote)

## 16. Crédit spécial et devis supplémentaires ; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** présente un crédit spécial et des devis supplémentaires.
(Vote)

## 17. Relevé et rôle supplétif ; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** présente le relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier.
(Vote)

## 18. Subsides extraordinaires ; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** propose un subside extraordinaire de 5.000.- € pour l'association des étudiants luxembourgeois à Zurich pour l'organisation du « Züricher Bal 2013 » à Esch.

**Marc Baum (Déi Lénk)** se demande s'il est du devoir du pouvoir publique de financier des bals d'étudiants. Il demande si le collège prévoit de financer encore d'autres bals d'autres associations d'étudiants. M. Baum regrette en outre l'absence d'un avis de la commission des subsides. Il sait de sa propre expérience que de tels bals s'autofinancent par les droits d'entrée.
Son parti ne votera pas en faveur de ce subside.

**Lydia Mutsch (LSAP)** explique qu'il s'agit d'un cadeau de bienvenu puisque ce sera le premier bal étudiant organisé à Esch.
Elle présente ensuite la liste des autres subsides.
(Votes)

**André Zwally (CSV)** rejoint les propos de M. Baum. Il motive son abstention par le fait qu'on aurait dû attendre l'installation de l'université avant de financer un tel projet.

**Zénon Bernard (KPL)** rejoint les propos de M. Baum. Il explique en outre que cette association a causé à maintes reprises des problèmes de discipline, d'ordre public et d'alcoolisme et ne trouve donc plus de localités à Luxembourg pour l'organisation de son bal.

**Paul Weidig (LSAP)** rejoint les propos de M. Baum et de M. Bernard. Il trouve le subside de 5.000.- € trop élevé comparé à d'autres subsides comme celui pour le tournoi d'escrime. Il craint en outre que la commune sera forcée à donner la même somme à d'autres associations d'étudiants si celles-ci organisent un bal à Esch.

**Lydia Mutsch (LSAP)** souligne que le collège échevinal ne se sent pas obligé à subventionner quoi que ce soit.

## 19. Commissions consultatives : modifications ; décision

**Lydia Mutsch (LSAP)** présente les changements dans les commissions.
(Vote)

## 20. Contrats de bail ; décision

**Vera Spautz (LSAP)** présente les contrats de bail.
(Vote)

## 21. Règlements de la circulation routière ; confirmation et décision

**Henri Hinterscheid (LSAP)** présente les règlements de la circulation routière.
(Vote)

# Stoppt die Hundehaufen!

Sollte Ihr vierbeiniger Freund, trotz aller Vorsicht, einmal ein « Souvenir » auf dem Bürgersteig, in einer Fußgängerzone oder an irgend einem anderen öffentlichen Ort hinterlassen, so sind Sie gebeten, die Sauberkeit dieses Ortes zu respektieren und die Fäkalien zu entfernen. Neben der finanziellen Last für die Allgemeinheit sowie der Gefahr, auf einem Hundehaufen auszurutschen, beherbergen diese Exkremente Parasiten mit einer hohen Ansteckungsgefahr, besonders für Kinder. Vergessen Sie dabei bitte nicht, dass die Missachtung dieser Verpflichtungen mit einem **Bußgeld zwischen 25 und 250 Euro** geahndet werden kann (Art. 80 des Polizeireglements), und dass im Falle eines Unfalls ein Strafverfahren droht, da der Besitzer des Hundes für den Schaden haftbar ist.

Selbstverständlich füllt die Gemeinde die Spender für Hundekottüten ständig nach. Aber auch ein leerer Tütenspender entledigt Sie nicht Ihrer Bürgerpflicht, die öffentlichen Wege sauber zu halten. Führen Sie deshalb stets eine Tüte mit sich wenn Sie mit Ihrem Hund Gassi gehen; andernfalls benutzen Sie mit Ihrem Hund bitte eines unserer 15 Hundeklos.

Wir alle wollen unsere Bürgersteige und Spielplätze sauber sehen – und wir bedanken uns deshalb an dieser Stelle für Ihre Mitarbeit.



# Stop aux crottes!

Si par malheur, votre compagnon à poil ne peut éviter de laisser un « souvenir » sur le trottoir, dans une zone piétonne ou dans un quelconque espace public, vous êtes tenus de respecter la propreté des lieux et d'enlever les excréments. Au-delà de la charge financière importante pour la collectivité et du désagrément, voire du danger qu'il y a à glisser sur une crotte de chien, ces excréments véhiculent des parasites qui représentent un risque d'infection grave, en particulier pour les enfants. N'oublions pas que le non respect de ces obligations est passible d'une **amende de 25 à 250 euros** (Art. 80 du règlement général de police) et qu'en cas d'accident des sanctions pénales peuvent avoir lieu car la responsabilité des propriétaires de chiens est engagée.

Nos services rechargent tous les jours les distributeurs « robby dog ». Mais même un distributeur vide ne peut vous dispenser de votre devoir civique de garder la voie publique propre. Emportez donc toujours un sachet avec vous si vous promenez votre chien ; sinon amenez votre chien faire ses besoins dans un de nos 15 canisites.

Nous aimons tous voir nos trottoirs et aires de jeu propres – et nous vous remercions dès à présent de votre collaboration.




ESCH

www.esch.lu

Liebe HundehalterInnen, die Stadt Esch hat Ihnen 23 Spender für Hundekottüten und 15 Hundeklos zur Verfügung gestellt, deren Standort Sie untenstehendem Plan entnehmen.

*Trottoir ou crottoir? Chères/chers propriétaires de chiens, la Ville d'Esch a installé 23 distributeurs de sachets «robby dog» et 15 canisites (toilettes pour chiens)*



# GROUPE DE MARCHE
# INTERCULTUREL
## À ESCH-SUR-ALZETTE

**QUAND ?**
Tous les lundis à 9h

**OÙ ?**
Rendez-vous au parking
devant le cimetière de Lallange

**PRIX ?**
Gratuit

**INFOS ET INSCRIPTIONS :**

EGCA - Service Interculturel : 46 08 08-415
interculturel@egca.lu

Club Senior «Am Duerf» : 26 55 36 30

Club Haus «Beim Kiosk» : 26 54 04 92

Club Haus «An de Sauerwisen» : 56 40 40 1

Commission Consultative Communale d'Intégration d'Esch-sur-Alzette : 54 73 83 240

Vous habitez Esch-sur-Alzette, Mondercange, Schifflange, Rumelange ou toute autre commune du sud du pays, vous avez 50 ans et plus et vous avez envie de vous promener au moins une fois par semaine en bonne compagnie ?

Alors venez vous dégourdir les jambes avec nous, tous les lundis matin dans la joie et la bonne humeur pendant environ 2 heures ! Le but de ce groupe est de combiner une activité physique régulière à la convivialité et tout cela pour 0€ !
Sans oublier qu'une activité physique régulière vous procure un sentiment de bien-être et a des aspects bénéfiques pour votre santé et votre mental.

Ce groupe de marche étant interculturel, la langue véhiculaire sera le français.

Ce nouveau projet est lancé par le Club Senior « Am Duerf » de Mondercange, le Club Haus « Beim Kiosk » de Schifflange et le Club Haus « An de Sauerwisen » de Rumelange en collaboration avec la Commission Consultative d'Intégration d'Esch-sur-Alzette et le Service Interculturel de l'EGCA.

Club Senior "Am Duerf" — an de SAUERWISEN CLUB HAUS — BEIM KIOSK CLUB HAUS — ESCH www.esch.lu — EGCA Entente des Gestionnaires des Centres d'Accueil

# Les antibiotiques ne sont pas des bonbons !

Z6CREATION.NET



**Les utiliser à mauvais escient entraîne la formation de BACTÉRIES ANTIBIORÉSISTANTES. LES INFECTIONS QU'ELLES PROVOQUENT TUENT CHAQUE ANNÉE PLUS DE 25000 PERSONNES DANS L'UE !**

**En cas de rhume, de refroidissement ou de toux banale, les antibiotiques ne sont pas nécessaires.**

**Demandez conseil à votre médecin et aidez à préserver l'efficacité des antibiotiques.**

---

EUROPEAN ANTIBIOTIC AWARENESS DAY
A European Health Initiative

Sante.lu

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
Direction de la santé